

# >>> Fusion ...

**©Roland Meyer**

E Musical fir d'Kulturjoer 2007  
Am Optrag vun der UGDA

*Alles wat blo geschriwwen ass, soll am Prinzip e Lidd sinn, respektiv mat Musik ënnerluecht sinn.*

*Selbstverständlech hun de Musiker an de Regisseur all Rechter, d'Texter esou ze änneren, wéi si se brauchen.*

## **Szen 1**

Garage

Nuecht; 23.45 Auer

Marc, Laurent, Mathieu

*Et ass däischter, de Marc, tiptop gekleet, deier gekleet, dien elo eréischt just mat senger Mamm iwwer der Garage/Tankstell erageplënnert ass, kann net schlofen an huet decidéiert, sech a sengem neien „Ëmfeld“ e bëssen ëmzekucken.*

*→ Dat alles gëtt pantomimesch gespillt, schonns mat enger liichter Musek am Hannergrond.*

*Hie kënnt just d'Trapen erof, wéi op eemol déi onheemlech Musek richtig ufänkt. Grugheleg Stëmme sinn ze héieren, Schieder sinn ze gesinn, déi em hien huschen, Gesiichter vu ganz bekannten Horrorfilmfiguren tauchen op, ginn op déi grouss Leinwand iwwer der Bühn projezéiert... (Et kënnen och schonns d'Geeschterdänzer „live“ derbäi sinn)*

*De Marc duckelt sech zesummen a probéiert sech ze verstoppen. Mee wat elo geschitt, dat verschléit him bal den Otem: op der grousser Leinwand gesäit hie sech selwer, wéi en eng fiirchterlech Grimass (Angscht) schneit. Et ass wéi wann ee hie ging mat enger Kamera filmen (De Mathieu an de Laurent maachen dat jo och!). Ausser sech kuckt de Marc op säin eegent Bild...*

*D'Bild vum Marc gëtt ëmmer méi grouss, dat heescht, datt dien, die filmt, ëmmer méi no kënnt... dem Marc säi Gesiicht ass ëmmer méi däitlech ze gesinn, d'Musek gëtt ëmmer méi haart...*

*Wéi d'Bild vum Marc esou grouss ass, datt d'Kamera hie misst beréieren, brëllt de Marc esou haart wéi en nëmme kann.*

*D'Musek hält op ee Schlag op. D'Bild vum Marc ass verschwonnen, et ass däischter.*

*Zwou Sekonnen total Rou.*

*Da gesäit een de Laurent an de Mathieu mat der Kamera.*

Laurent: Cool! ... Mathieu, maach d'Luuchten un!

*D'Luuchte ginn un an et gesäit een de Marc ëmmer nach zesummege duckelt do hucken. Just nieft him sëtzt de Laurent mat enger Kamera, hannen am Raum steet de Mathieu bei de Luuchten.*

Mathieu: Hues de alles drop?

Laurent: Kloer, dat hei ass en Highlight, real action, real life...

*Déi zwee sinn elo beieneen a klappen zefridden an d'Hänn... Si beuechten de Marc kaum/net.*

Laurent: Wa mir dat dem Camille weisen, da mécht dien Aen!

Mathieu: Héi, dat ass voll Hollywood, Mann, hues de gesinn, wat die gefaart huet. Do hues de richteg gespuert, wéi en an d'Box mécht. Dat gefällt dem Camille.

Laurent: Voll, du kanns et bal richen, esou huet die sech bepisst!

*De Marc kënnt bei déi zwee.*

Marc: So hutt dir se nach all!?!?

Mathieu: Héi, eise Filmstar schingt iewer nach net esou dout ze sinn.

Marc: Wat soll dat do? Ech hätt kënnen en Herzinfarkt kréien.

Laurent: Oh, dat deet eis iewer Leed, ... hätte mir gewosst, dass du (*mécht de Marc no*) "häss kënnen en Herzinfarkt kréien", dann... (*zum Mathieu*) hätte mir nach weider gemaach. (*laachen*) Héi, stell der nëmme vir, esou ee Film am Internet, wou hien sech vun Angscht an d'Box schäisst an dono un engem Herzinfarkt stierft!

Mathieu: Real man, dann hätte mir et gepackt, da wire mir déi nei Staren, da ging et an der Keess rabbelen, mäi léiwen Alen!

Laurent: Cool!

Mathieu: Voll cool!

*De Marc steet op, wëllt goen...*

Marc: Dir hut jo iewer voll den Drot aus der Mutz!

Mathieu: Héi, hie ka schonn nees schwätzen... schued, da kann et net esou schlëmm gewiescht sinn! So, wien ass hien iwwerhaupt, ech hunn hien nach ni hei gesinn? Wat mécht dien hei, wat huet dien hei verluer?

Laurent: Lauschter, iers du elo en neie Kalzong undoe gees,... wie bass du? Mäi Kolleg hei, an ech och, mir hunn dech nach ni gesinn. An dass du et weess, dat hei ass eise Studio, do huet keen eppes verluer. So wiens du bass an da verpiss dech!

Marc: Ech wunnen elo hei!

Mathieu: Wat sot hien?

Laurent: "Ech wunnen elo hei!"

Mathieu: Sot hie wierklech: "Ech wunnen elo hei?"

Laurent: Jo Mann, dat sot hien.

Mathieu: Dat heescht, dien arrogante Fäertaasch haust am Freiss senger aler Bud douewen, wou schonns zanter zwee Joer kee Schwäi méi war?

Laurent: Dat ass jo wuel e Witz! Douewen am Freiss senger Bud, do wëllt dach kee Mënsch wunnen.

Marc: Mir sinn haut do agezunn.

Laurent: "Mir sinn haut do agezunn"... geplënnert heescht dat, kanns de net richteg schwätzen? ... Wien ass „mir“?

Marc: Ech a meng Mamm.

Mathieu: Héi, ech mengen, die mengt et eescht. Die wunnt wierklech an diem Ratelach!

Laurent: Héi Kolleg, dann dees du mir Leed!

Marc: Firwat soll ech dir Leed doen?

Laurent: Dat ass keng Wunneng, douewen, dat ass ... wéi soll ech soen, ... dat ass een Dreckschlag eben. Dem Freiss gehéiert die ganzen ale Schapp hei. Et war ëmmer eng Garage, hien huet Autoe gefléckt, an esou, mee dat huet sech net méi rentéiert. Elo huet hien dofir eng Tankstell draus gemaach, dat zitt ëmmer. Hie wunnt douewen, wëll hien ass ee Sténkert; him ass et egal, wann et no Benzin facht, a wann déi ganzen Zäit ee Kaméidi ass wéi op der Fouer. Mee déi aner Wunneng, déi donieft, déi wollt keng Sau. Zanter datt dien ale Muno do krepéiert ass an zwee Méint virun sech higefault ass ouni datt een eppes gemierkt huet, wollt kee méi do wunnen. Bis elo... also bis haut!

Marc: Stéiert dat dech?

Laurent: Nee, nee, guer net, nee, mech stéiert dat net! Mee ... lauschter, du dees mir Leed, ech wëllt net do wunnen, verstees de.

Marc: Hë????

Mathieu: Wéinst dem Läichewaasser! Versteet die Fäertaasch näischt? De Muno ass do gefréckt a gefault, wëll keen sech ëm e gekëmmert huet. Et wousst emol keen, datt et hie ging ginn. Bis se hie font hunn. An du war hie gefault, iwwerall huet et gefacht wéi ... !

Laurent: Wéi heeschs du?

Marc: Marc.

Mathieu: Tiptop, gudden Numm!

Marc: Hë?

Laurent: Héi, hues du näischt ze zielen... esou wou s du hierkënns wat s du soss nach méchs... so Männi, muss een dir d'Wierm ëmmer esou aus der Nues zéien?

Marc: Et deet mer Leed, ech sinn haut net a Form. Ech konnt net schlofen, dofir wollt ech e bësse spadséiere goen, mee dun hutt dir mech schéi fäerte geden.

Mathieu: Hien deet mer Leed !

Marc: Mir sinn de Mëtteg heihinner geplënnert, mir komme vum Kierchbiereg.

Laurent: Kierchbiereg, esou gesäis du och aus: tiptop gekleet, so Männi, wat huet die ganze Krom do kascht???

*Hie kuckt dem Marc seng Kleeder a päift unerkennend.*

Marc: Nee, dat wëllt näischt heeschen, am Fong gehéiert mir dat net.

Mathieu: Elo gëtt et komplizéiert. Wat mengt hien ? Héi, so mer, wat hie mengt !

Marc: Meng Mamm war mat engem Iwwersetzer zesummen, dem Einar, een Euromännchen, aus Estland oder esou, an en huet

lwwersetzunge gemaach. Mir hu bei him am Appartement gewunnt, mee hien ass elo op Bréissel.

Laurent: Huet hien deng Mamm an dech dann net matgeholl?

Marc: Nee, hien ass alleng dohinner. Hien huet och nach eng Famill an Estland.

Laurent: Da war d'Léift wuel net esou grouss. Dien huet séier eppes Neies zu Bréissel. A seng Famill behält e jo souwisou.

Marc: Mee vun diene weess keen eppes vu sengen EU-Affären! Coolen Tip, huet et eraus, gutt ze liewen...

Laurent: A wéi seet mäi Papp ëmmer: alles op eis Käschten! Et gëtt net méi gespuert!

Marc: An elo hu mir eng Wunneng gesicht; mir kënnen eis et jo net leeschten, um Kierchbiereg ze bleiwen. Meng Mamm huet keng Sue méi, dofir huet si die bëllege Schloff hei iwwer der Tankstell geholl, ... oder besser, missen huelen. Si weess natierlech net datt ...

Laurent: Héi, du gesäis net aus wéi wann s du keng Suen häss.

Marc: Dat sinn nach dem Einar seng Kleeder. Hien huet mir déi kaaft. Hien huet gesot, wa mir wéilte bei him wunnen, misste mir och uerdentlech ugedoe sinn.

Mathieu: Cool, ech hätt och gären esou een Einar! Mee dien ass jo elo op Bréissel a sicht sech eng nei Schéks.

*Dem Laurent säin Handy schellt.*

Laurent: Héi Camille, wou bleift dir? Mir waarden elo schonns Stonnen! ... Jo jo, war e Witz! ... Ehem! ... OK! Da bis herno.

Mathieu: A, wat seet den Här Regisseur?

Laurent: Hie kennt méi spéit.

Mathieu: An d'Schéks, bréngt hien en „Opfer“ mat?

Laurent: Haut nach net.

Mathieu: Haut nach net!? Gëschter war et och schonns „haut nach net“, a virgëschter och. Die veraascht eis dach! All Kéier wann hien hei soll mat enger Moss undanzen, dann heescht et „haut nach net“.

Laurent: Hie sot, hatt hätt missen die ganzen Dag schaffen an elo wir et ze mitt gewiescht fir d'„Opfer“ ze spillen.

Mathieu: Soll ech dir emol eppes soen, de Camille mécht sech an d'Box, wann e soll mat der Polin schwätzen, esou gesäit et aus!

Laurent: Mengs de?

Mathieu: Mengs de, mengs de ... Dien Téinert huet emol nach net mat him geschwat, esou ass et! An ausserdem, die spillt sech dach nëmmen op als Regisseur. Dat könnte mir dach vill besser.

Laurent: Am Fong hues du Recht, mee ech traue mech iewer net fir dem Camille dat ze soen. Du weess jo wéi een dat ass!

Marc: So, pardon, ech wollt iech net ënnerbriechen, mee kënnt dir mir emol soen, wat dat hei soll?

## The Horrormen

*Et schléit Hallefnuecht: 12mol. Dat ass den Takt; dorausser entwéckelt sech de Beat vum Rapp...*

*Geeschter tanzen dobäi (Breakdance), op der grousser Leinwand kënnen Szenen aus alen Horrorfilmer agespillt ginn (oder selwergedréinten Szenen)*

Laurent:

Gudden Owend Dir Dammen - Gudden Owend Dir Hären

Mir sinn hei fir Iech kuerz ze erklären

Wat mir esou maachen a wie mir da sinn



Wat eisen Entworf ass, fir wat mir stinn

Mathieu:

Mir dréie Filmer, bis elo ass dat kloer  
Mee keng esou einfach et ass wéinst den Hoer  
Déi stinn Iech zu Bierg - Är Haut gëtt ganz räu  
Hingerhaut-Connection, dat trifft et genau

Ref.:

So call us the horrormen  
Because at night  
Especially after ten  
The connection is made  
To the darker world  
To the twilight zone...

Laurent:

Dir kënnt et gleewen oder gleeft et och net  
Mir hunn eng Bezéiung déi et soss net méi gëtt  
Zu alle Wiesen déi do ënner eis liewen  
A just ganz heiansdo erop bei eis schwiewen  
Fir eis da voll ëm Hallefnuecht  
Mat hirer ganz aussergewéinlecher Muecht  
D'Fäerten ze léieren Dir hat Iech et geduecht

Mathieu:

Kënnt Dir se och héieren - kënnt Dir se och spiren  
Kënnt Dir Iech vun hirem Geescht dann erwieren  
De Schied gëtt méi grouss méi däischter a schwaarz  
Dir kënnt just erféieren, et gëtt näischt ze héieren  
Elo kommen se erop, elo gräifen se zou  
Elo loossen se Iech ni méi a Rou

Ref.:

So call us the horrormen  
Because at night  
Especially after ten  
The connection is made  
To the darker world  
To the twilight zone...

Mathieu:

Geeschter Gespenster Vampiren a Wëllef

Skletter a Mumien, frot guer net em Hëllef  
Well dat huet keen Zweck, dat ass elo ze spéit  
Déi schwaarz Magie ass et wourëm et sech hei dréit

Laurent:  
Hexenzauber Gefluchs a komesch Gestalten  
Si kënnen bei eis hei grad schalten a walten  
Grad wéi et hinne gefällt - esou wéi si wëllen  
Mat Ärem Blut sollen hir Bidde sech fëllen

Ref.:  
So call us the horrormen  
Because at night  
Especially after ten  
The connection is made  
To the darker world  
To the twilight zone...

## **Szen 2**

Wunneng  
00.30 Auer  
Marc, Mamm

*De Marc ass elo alleng an der Wunneng iwwer der Garage. Seng Mamm ass nach net erëm. Hie waart op si, well hien nach ëmmer net schlofe kann. Hie wänzelt sech op der Couch hin an hier.*

*Op eemol gött d'Dir opgespaart, an d'Mamm kennt eran. Si huet sech onheemlech erausgefiizt, schick, mee bëlleg („Nutte“-méisseg) Kleeder, onheemlech vill Make-up.*

*Si geet bei de Frigo, hält eng Fläsch bëllege roud Wäin (2-Liter-Fläsch) eraus, schëtt e Glas eraus an drénkt et an zwee Schëtzen aus. Dono schëtt si no, wëscht (verwëscht de Make-up) sech mat der Hand duerch d'Gesicht a fänkt eng Zigarett un.*

*An diem Moment kennt de Marc bei si. Si wëllt drénken. De Marc hält hir d'Hand un.*

Marc: Hues du nach net genuch gedronk?

Mamm: Aua, looss mech lass, du dees mir wéi?

Marc: Pardon Mamm! Ech wollt dir net wéi doen. Drénk net esou vill!

Mamm: Ech drénken net... vill!

Marc: *Hëlt d'Glas an d'Hand a kuckt op de roude Wäin.* Du drénks zevill, Mamm, dat ass net gutt fir dech.

...

Mamm: Ech weess, Marc, ech weess...

Marc: Dann hal op!

Mamm: Du weess net, wat s du do sees.

Marc: Firwat?

Mamm: Mam Drénken hält een net einfach esou op!

Marc: Firwat?

Mamm: *séngt dem Grönemeyer säi Lidd* „Alkohol ist dein Sanitärer in der Not, ...“

Marc: Hal op Mamm, hal op!

Mamm: Ech hunn net gedronk!

Marc: Du drénks ëmmer wann s du ënnerwee bass!

Mamm: Haut net!

Marc: Firwat?

Mamm: Ech hu kee fonnt, die bezillt.

Marc: Mamm!!!

Mamm: Marc, esou ass et. Ech muss e Mann fannen, die bezillt. Net nëmme fir de Wäin, nee och fir de Rescht, fir alles, verstees du, och fir dech! Ech wëll net méintelaang hei an dësem Lach sëtzen a lieweg verfaulen, wéi dien ale Muno ...

Marc: Du weess dat?

Mamm: ... wéi dien ale Muno. Ëm dien huet sech kee Mënsch gekëmmert, joerelaang. Och dien huet sech ëm de Verstand gesoff, an ass hei, hei... *d'Mamm fänkt un ze kräischen.*

Marc: Ech weess Mamm. Seng Läich louch zwee Méint hei, ouni datt een eppes bemierkt huet. De Laurent an de Mathieu hu mir et verzielt.

*D'Mamm hält sech nees zesummen, dobäi verwëscht si de Make-up nach méi.*

Mamm: Fein, Marc, du bass e gudde Jong, du hues dir schonns nei Kollege gesicht. *D'Mamm heemelt dem Marc iwwer d'Stir a laacht an d'Däischtert.*

Marc: Ech weess net, Mamm, ...

*Musek, d'Mamm séngt...*

## **Maîtresse**

Et ass gutt, wann ee Kollegen huet  
Verloosse kann een sech op si  
All Dag si si fir een do  
A ganz alleng ass een dann ni

Ech hu keng Frënn, net fir eng Woch  
Net fir en Dag, emol net fir eng Nuecht  
Ech hu kee fonnt, die mir de Cognac bezillt  
An d'Hëtzt a mengem Kierper killt

Ass et den Alter, ass et de Misère  
Gesäit een elo schonns all mäi Leed  
Een die fir eis suergt hätt ech gär  
An die ganz fest zu eis zwee steet

Ech hunn „investéiert“, vill Kleeder nei kaf  
Hu mech geschminkt a noënee gemaacht  
Vun engem zum anere sinn ech gelaf  
Mee si hu mech just äiskal ausgelaacht

Mir hunn elo keng Suen, mir sinn elo ganz aarm  
Wie kuckt dann elo no eis, wien hält eis da waarm  
Wéi soll et weidergoen, ech weess et net  
Ech spiren, datt elo Pak aus eis gëtt

Ref:  
Hien huet mech seng Maîtresse genannt  
Gedantz hu mir dann Hand an Hand  
Huet mech ni mom Rescht gefrot  
An och ni - Houer zu mir gesot

Mir hu just fir den Dag gelieft  
Ech sinn op enger Wollek geschwieft  
Wann hien dach nëmmen nees bei mir wär  
Elo weess ech, ech hat hien - onheemlech gär

Hien huet mech seng Maîtresse genannt  
A koum aus engem frieme Land  
Ni huet hien déi Froe gestallt  
A mech ... Houer genannt

*An d'Hannergrondmusek schwätze si elo weider...*

Marc: Du denks nach vill un den Einar?!

*D'Mamm wénkt jo mam Kapp*

Marc: Mamm, firwat gees du net schaffen? Da bräichs du dech  
net esou ze verrëschten.

Mamm: Verrëschten nenns du dat? Marc, dat huet 200 Euro kascht. Eis lescht 200 Euro hunn ech investéiert, fir nees en ... Amant ze fannen, weess du, een dien eis mat erduerch hält.

Marc: Mamm, wat sees du do, ech wëll keen, dien eis mat erduerch muss huelen. Firwat gees du net schaffen?

Mamm: *grinst verächtlech* Schaffen ...?

Marc: Jidderee geet schaffen. Dat ass esou.

Mamm: *laacht* Nach laang net jidderee geet schaffen. Weess du net, wéivill Leit keng Aarbecht hunn, Chômeur sinn!

Marc: Ma du gings dach ouni Problem eng Aarbecht fannen.

Mamm: Da meng alt!

Marc: Wat soll dat heesche Mamm?

Mamm: Marc, ech schumme mech, ... fir dir dat ze soen. Ech fanne keng Aarbecht Marc, gleef mer et.

Marc: Keng Aarbecht?

Mamm: Ech kréie keng!

Marc: Mamm, wat ass lass? So mir d'Wouerecht!

Mamm: Ech schumme mech.

Marc: Du schumms dech, Mamm, wat schwätz du do? Du schumms dech jo och net fir owes esou eraus ze goen. Da kuck dech dach nëmmen un, du gesäis aus wéi, ... wéi, ...

Mamm: ... wéi eng Houer. So et roueg, Marc. Jo, du hues Recht, ech gesinn aus wéi eng Houer... an ech behuele mech och esou!

...

Marc: Mamm, so mir d'Wouerecht, wat ass?

Mamm: Ech wollt dir et ni soen, ech hu mech geschummt! Marc, mee elo kommen ech net derlaanscht.

Marc: Mamm, ...

*D'Mamm séngt weider*

Knapps waars du do, war de Manuel fort  
Em Kanner wollt hie sech net këmmen  
Ech hunn eng Aarbecht gesicht an och fonnt  
mir hunn du séier misse fortplënneren

Am Cactus hunn ech gebotzt fir Suen ze verdingen  
Ech wollt, datt et dir besser sollt goen  
Wunneng, Crèche, Iessen a Kleeder  
Ech konnt jo keen em Hëllef froen

D'Geld ass net duergang, et war net genuch  
Ech wusst menger Hänn kee Rot  
Ech wollt fir eis zwee ee Stéckche vum Kuch  
Ech hat och eng Iddi, mee hu kengem eppes verrot

Wat mir gebraucht hunn, hunn ech elo geklaut  
Ganz heemlech, am Ufank bal näischt  
ech war mir net sécher, hu kengem getraut  
sollt ech mir es zouginn, nach méi klaue villäicht?

Mee d'Edmée huet sech an alles gemëscht  
Hatt wollt wäit no vir, hatt huet net gezéckt  
An dun enges Daags huet hatt mech erwëscht  
An ass séier bei den Direkter geschréckt

Elo war ech virbestrooft, an du gung et un  
Et wollt kee Patron mech méi hunn:  
„Dir sidd net méi déi Jéngst, an dir hutt och Kanner  
Engem jonke Meedche bezuele mir manner  
Et deet eis Leed, mir brauchen Iech net  
Kuckt emol, ob et näischt anescht fir Iech gëtt...“

Ref:

Hien huet mech seng Maîtresse genannt  
Gedantz hu mir dann Hand an Hand  
Huet mech ni mom Rescht gefrot  
An och ni - Houer zu mir gesot

Mir hu just fir den Dag gelieft  
Ech sinn op enger Wollek geschwieft  
Wann hien dach nëmmen nees bei mir wär  
Elo wees ech, ech hat hien - onheemlech gär

Hien huet mech seng Maîtresse genannt  
A kouw aus engem frieme Land  
Ni huet hien déi Froe gestallt  
A mech ... Houer genannt

Mamm: Marc, ech si virbestrooft, ech sinn al an ech hunn e Jong.  
Do fannen ech haut keng Aarbecht méi. Ech weess net, wat ech  
maache soll. Den Owend hunn ech emol kee Mann méi fonnt,  
emol net méi een, die just fir eng Woch, fir een Dag, oder  
wéinstens fir eng Nuecht bezuelt hätt.

*D'Mamm hält d'Zigaretten, de Briquet, d'Glas an d'Fläsch a béid  
Hänn a verschwënnt an hiert Zëmmer.*

*De Marc bleibt sëtzen.*

### **Szen 3**

Wunneng - Garage  
01.45 Auer  
Marc, Laurent, Mathieu, Camille, Anna

A.

*De Marc héiert Stëmme vun dobaussen. De Laurent rifft hien.*

Laurent: Héi Mann, komm erof, mir brauchen dech!

Marc: Geet et mat iech !? Et ass matsen an der Nuecht!



Laurent: Komm erof, mir dréien elo de Film.

Marc: Ech schlofen!

Mathieu: Sot ech dir dach. Die Wichser ass ze faul fir erofzekommen.

Laurent: Héi Wichser, bass du ze lidderech fir erofzekommen?

Mathieu: Sot ech dir dach. Die Wichser pennt scho laang.

Laurent: Héi Penner, du wichs scho laang.

Mathieu: Héi Mann, net wichsen, pennen hat ech gesot.

Laurent: Héi, dat ass net wouer, Mann. Penner has du net gesot, du has Wichser gesot.

Mathieu: Jo, Alen, hat ech zwar gesot, mee e Penner wichst net an e Wichser pennt net.

Laurent: Héi, dat ass mir ze komplizéiert, Mann. Du méchs de Geck mat mir.

Marc: Sidd emol roueg doënnen, ech kann net schlofen.

Laurent: Dat ass de Geescht vun diem ale Muno, die geet nach ëmmer rondrëm do uewen.

Mathieu: Geescht, du Penner wëlls mech veraaschen?

Laurent: Ech soe just Läichewaasser. Dat ganz Appartement ass mam Muno sengem Läichewaasser verseucht.

*De Marc kënnt erof.*

Marc: Héi Männer, wat ass elo? Ech wëll schlofen.

Mathieu: Héi, die Wichser wëllt pennen.

Marc: An? Ass eppes dobäi, wann een um 2 Auer an der Nuecht penne wëllt?

Laurent: Gesäis de, et ass ee Penner a kee Wichser.

Marc: Lescht Chance, wat leeft hei? Wann ech keng Äntwert kréien, da sinn ech fort.

Mathieu: Héi, wat soll dien Toun? *Un de Laurent* Alen, fro die Wichser, wat dien Toun soll. Wëllt die Penner eng Kläpp? Fro ob die Wichser eng Kläpp wëllt!

Marc: Nuecht Jongen. Ech sinn ab.

Laurent: Héi Marc! Lauschter net op mäi Kolleg de Mathieu. Die gött ëmmer zimlech séier rosen, mee dat ass him net esou gemengt.

Mathieu: Héi Mann, wat schwätz du do fir e Schäiss?

Laurent: *un de Marc* Also, dat hei wollt ech dir soen: Mäi Kolleg Camille, eise Regisseur eben, huet elo just ugeruff. Hie kënnt mat der Polin. An do, ... maja, do brauche mir dech.

Marc: Mech?

Laurent: Jo dech, fir de Film.

Marc: Wéi ee Film?

Laurent: Héi Mann, hues du dann nach guer näischt getscheckt? Dat ass dach einfach.

Marc: Einfach!?

Mathieu: So diem Wichser, hie muss just d'Polin biischen an da schléit de Camille him mat der Staang laanscht d'Panz.

Marc: Gött dat e Pornofilm?

Laurent: Ech iwwersetzen, mäi Kolleg Mathieu versteet een net ëmmer perfekt: Biischen heescht bei him ee rose maachen, uschäissen, schäissen doen eben, a Staang heescht Eisepoul. An eisem Film kënt ee Monster vir, dat seng Affer mat enger Eisestaang ëm den Eck bréngt. Elo verstan?

Marc: Alles total kapéiert! *Rëselt de Kapp, well hien huet nach glat näischt verstan.*

Laurent: Gesäis de Mathieu, `t ass e gescheite Käppchen, de Marci. Die Film gëtt super.

Marc: A wien ass dann die Camille?

Laurent: Die léiers du nach fréi genuch kennen. Just eppes kann ech dir direkt soen, lee dech net mat diem un. Die kann dat guer net ausstoen! ...

*De Marc wollt grad froen, wat dat heesche soll, do kommen de Camille an d'Anna eran. De Camille vir, ganz cool, eng Hand an der Täsch, wénkt just mam Kapp, d'Anna hannendrun, hatt weess net richteg, wat et hei maache soll.*

Laurent: Héi Camille. Mir hunn en. - Ass dat d'Polin?

Mathieu: So dem Camille, datt seng Moss net blond genuch ass.

Laurent: Cool Schéks, d'Polin, och schéi blond. Passt perfekt, wann s de mech frees.

Camille: Ech froen dech iewer net! Wou ass die Wichser?

Laurent: Hei, Camille, dat ass de Marc. Dien hu mir gecast!

Marc: Salut Camille. Eigentlech wollt ech elo schlofe goen.

Camille: Hal de Mond, Midden. Ech sinn de Chef hei. Hei gëtt just geschwat, wann ech et soen, verstan?!

Marc: OK, Nuecht da Camille, et war schéin dech kennen ze léieren.

*De Marc wëllt goen.*

Camille: *hie kënnt no bei de Marc a flüstert him an d'Over* Sorry, war net esou gemengt. Déi zwee Wichser brauchen dat. Si kucken zevill Fernseh a mengen, et misst een esou schwätzen. Ech maachen die ganze Stress hei just wéinst dem Anna. *Hie weist op d'Polin.* Mäi léiwe Jong, dat ass eng Moss, ech kann der et soen! *Hie päift duerch d'Zänn* Dat kréie mir just mat esou enger Hollywood-Show iwweezecht.

Marc: Camille, ech verstü guer näischt méi. So mir einfach, wat ech maache soll, an da kuck, datt et viru geet, ech wëll an d'Bett.

Camille: *Nees méi haart* Voilà, firwat dann net direkt esou, Alen! Also, alles a Positioun, mir dréien de Film.

Marc: Lues, Camille, lues. Wëlls du mir dann net fir d'éischt meng Filmpartnerin virstellen?

Camille: Héi Mann, sot ech dat dann net elo just.

Marc: Dach, dach, du soos iewer just, hatt wier d'Anna, hatt wir eng Moss an hatt wir just mat enger Hollywood-Show ze iwweezeegen.

Camille: *genéiert* Hatt ass aus Polen, hatt versteet nëmme Polnesch an e puer Wuert Däitsch. Hatt schafft fir de Freiss hei op der Tankstell, dat gëtt dien Ale méi bëlleg. An nach eppes Klengen, d'Anna ass mäint, do brauchst du dir vu virera keng Hoffnungen ze maachen, hues de verstanen! Du brauchst elo net esou ze schären!!!

Marc: Bleif cool! *Hie riicht sech un d'Anna, dat just nieft hinne steet* Hallo Anna, bist du nicht auch der Meinung, dass jeder Mensch das Recht hat, sich seine Freunde selbst auszusuchen?

Camille: Héi, nun héiert iech dien un. Bleif emol um Buedem Männchen, mir brauche keen esou ee geschwollend Gesabbels.

Anna: *hatt laacht an hält dem Marc d'Hand* dohinner Hallo, ich bin Anna. Wie heit du?

Marc: Ich bin Marc.

Anna: Marc... schöner Name. - Was machst du hier?

Marc: Ja, um ehrlich zu sein, ich weiß es nicht so recht. Eigentlich wollte ich mich schlafen legen...

Mathieu: Héi Mann, so diem Camille, hie soll dienen zwee do soen, si sollen herno weiderturtelen. Ech hunn nach ... ee Rendez-Vous. Verstan?!

Laurent: Héi Mann, so dienen zwee do, si sollen herno weiderschwätzen. Ech hunn nach ee Rendez-Vous! Verstan!?

Camille: Héi Männer, kee Stress. Mir fänken elo un. Allez! Alles op d'Plazen! *Hie weist mam Fanger op de Marc* A mat dir schwätzen ech herno nach ee Wiertchen, d'Polin gehéiert mir, also d'Fangeren ewech, soss léierst du mech kennen!

Laurent: Das Eisenstangenmonster, die Erste – Action.

B.

*De Marc an de Camille sti sech also elo géigeniwwer. Am imaginäre Film soll de Camille mat der Eisestaang op de Marc lassgoen. Fiktioun an Realitéit verméschen sech iewer elo. Et kënnt zu engem richtege Kampf, an diem de Camille dem Marc ëmmer méi zousetzt. Et eskaléiert!*

*Dës Szen ass iewer och eng Zort „Balztanz“, wou jiddereen d'Anna wëllt op seng Säit zéien, et vu sech iwwerzeegen.*

*D'Anna probéiert déi zwee, virun allem iewer de Camille, ze berouegen. Hatt weist och däitlech méi Sympathie fir de Marc.*

*De Laurent an de Mathieu spiren, datt hei eppes passéiert, dat ganz „echt“ ass. Si si begeeschtert.*

## **Action – Hatt ass mäint**

Camille:

Wat kanns du him dann alles bidden  
du hues jo knapps fir dech genuch  
fir mech bass du ee richteg Midden  
Verpasst hues du scho laang den Zuch

Marc:

Ech hunn zwar keen Auto an net emol en Handy  
Mee bidden dem Anna trotz allem ganz vill  
ech wëll bei him bleiwen an hatt respektéieren  
Fir mech ass dat alles kee Spill

Laurent a Mathieu:

Die Film die gëtt ganz wonnerbar  
Mir kréien dofir een Oskar  
Die Film huet credibility  
Fantastesch cool reality

Marc:

Ech wëll mat him reesen an hatt ganz veréieren  
Wëll him weisen déi ganz grouss Welt  
Ech wëll hatt behaalen an nimools verléieren  
A wa mir keen Haus hu wunne mir alt am Zelt

Camille:

Ech liewen hei schonns zanter ganz ville Joer  
Ech kennen all Mënsch an ech kennen all Strooss  
ech mengen et ass och fir dech elo kloer  
Vun all diene Saache sinn ech elei d'Mooss

Anna:

Camille, so lass ihn doch in Frieden  
dies alles ist doch nur ein Spiel  
Dich Camille werde ich nie lieben  
Denn Ehrlichkeit ist nicht dein Ziel

Laurent a Mathieu:  
Die Film die gëtt ganz wonnerbar  
Mir kréien dofir een Oskar  
Die Film huet credibility  
Fantastesch cool reality

Camille:  
Meng Kleeder si super, tiptop ugedoen  
Eng Auer vu Rolex hätt ech gär um Aarm  
Mäi Paltong, mäi Plower si kaum ofgedroen  
nenn mech wéis du wëlls, mee nenn mech ni aarm

Marc:  
Du schwätz do vu Suen, ech soe just Fräiheet  
Du schwätz do vu Räichtum, ech soe just Gléck  
Du wëlls dir hatt kafe mat Geld a mat Frechheet  
Ech wëll hatt veréieren, all Dag nach e Stéck

Camille:  
Doheem am Garage, do steet schonns mäin Auto  
mäin Alen huet mir die gëschter geschenkt  
geschwënn hunn ech den Ticket dann och do  
da fuere mir spadséieren, wat has du gemengt

Anna:  
Camille, so lass ihn doch in Frieden  
dies alles ist doch nur ein Spiel  
Dich Camille werde ich nie lieben  
Denn Ehrlichkeit ist nicht dein Ziel

Laurent a Mathieu:  
Die Film die gëtt ganz wonnerbar  
Mir kréien dofir een Oskar  
Die Film huet credibility  
Fantastesch cool reality

*Dës, oder aner, Wierder kënnst d'Anna ëmmer nees awerfen, fir de Camille ze berouegen:*

So pass doch auf, du tust ihm noch weh  
Dies alles scheint für dich auf einmal Ernst  
Lass doch die Stange, dies ist ein Film nur  
Werf die Stange weg  
Stopp Stopp

Hör auf  
Bist du jetzt total durchgeknallt  
Es ist doch nur ein Spiel  
Camille ich flehe dich an  
So hör doch auf  
Bist du verrückt geworden  
Was soll das? ...

*Dës, oder aner, Wierder kënnnten de Laurent an de Mathieu ruffen, fir de Camille unzedreiwien:*

Fantastesch  
Weider esou  
Gëff em Saueres  
grouss  
cool  
That's real man!  
Dat gött e Kultfilm  
Méi fest, nëmmem drop  
An dat alles ouni Stuntman  
Schlo e kuerz a kleng  
gëff em es / gëff em Nougat  
Domat kréie mir en Oskar  
dajee Männer, net esou brav

C.

*Knapp ass d'Musek eriwwer, rappt de Camille d'Anna bei sech a wëllt hatt mat sech zéien.*

Camille: Komm Anna, genuch gedréint, mir ginn!

Marc: Anna!

Camille: Allez, Anna! Mir hunn elo méi wichteg Saachen ze dinn.  
Hei hunn ech mech elo laang genuch zum Clown gemaach!

Laurent: Héi Leit, dat war super. Dës Szen gött den Highlight vum Film.

Camille: Stiech der däi Film an den Aasch!



Mathieu: Héi Alen, mar geet et weider. Mar muerkst d'Eisenstangenmonster de Marc of. Et metzelt e mat der Staang nidder...

Marc: Anna, wo wohnst du?

Camille: Dajee, kënns de da bal!

Mathieu: ... da schneid et em mat engem Säbel de Kapp erof ...

Camille: Wenn du jetzt nicht mitkommst, dann ...

Anna: ... dann, ... was dann, ...

Marc: Anna, bleib hier.

*De Camille rappt um Anna, dat beim Marc wëllt stoe bleiwen.*

Anna: Aua, du tust mir weh!

Camille: Los, komm schon.

Anna: Was dann? Sag mir was dann!

Mathieu: ... an dann drénkt et säi Blut ...

Camille: Komm endlich mit.

*De Camille hieft d'Hand a wëllt d'Anna schloen.*

Anna: Ich kam hierher, weil ich glaubte, hier sei es besser als bei uns.

Camille: Hier ist es auch besser.

Laurent: ... an da gött aus dem Monster nees de Camille ...

Marc: Camille looss et lass, hat wëllt net mat.

Camille: Wann hatt net wëllt, dann hätt et jo kënnen a Pole bleiwen.

Mathieu: ... Dr. Jeckyll an Mr. Hyde ...

*An diem Moment rappt d'Anna sech lass.*

Anna: Lass mich! Was glaubst du wer ich bin? Ich will nicht mit dir. Lange genug hat man mir gesagt, was ich zu tun habe. Jetzt bin ich frei!

Camille: „Jetzt bin ich frei“, datt ech net laachen. Maach wat s du wëlls, domm polnesch Kou, mee meng net, dass du mir entkënns. Ech wëll dech, an ech kréien dech. An du, Wichser, huel dech an Uecht, mir gesinn eis och nach erëm, an et wäert net laang daueren! ... Bis dajee eng Kéier, ech muss elo goen, ech hunn och nach e Rendez-Vous!

Laurent: Héi, salut Camille! Du hues gutt gespillt! Gëtt bestëmmt e super Film.

Mathieu: Héi, so diem Wichser, wéini mir nees dréien. Hien ass schliisslech d'Monster!

Laurent: Héi Alen, ech mengen, ech soen him dat eng aner Kéier! *un de Marc an d'Anna* Héi, mir sinn dann nees fort. Salut, bis mar, dir hutt „echt“ gutt gespillt, dat gëtt voll die gudde Film, dir zwee!

Mathieu: Héi, an elo, wëlls du scho schlofe goen, et ass dach eréischt halwer véier.

Laurent: Héi Mann, du nerfs, du weess dach, mir hunn nach e Rendez-Vous!

Mathieu: Hë??? E Rendez-Vous ?

Laurent: Kloer dat! Du weess dach, e Rendez-Vous!

Mathieu: Héi Wichser, jo, voll die Rendez-Vous!

*Si wëssen allebéid net, wéi ee Rendez-Vous dat soll sinn, mee elo gleewen si et selwer...*

## **Szen 4**

Garage  
03.45 Auer  
Marc, Anna

*De Marc an d'Anna stinn elo alleng an dier däischerer Garage. Et ass och elo kal ginn, et gesäit een, datt si net esou richtig wëssen, wat si solle schwätzen.*

Anna: So, ich geh' dann jetzt auch lieber, es wird Zeit. Ich muss noch ein bisschen schlafen, sonst bin ich morgen zu müde.

Marc: Was tust du morgen?

Anna: Ich muss arbeiten.

Marc: Arbeiten? Wo?

Anna: Hier!

Marc: Wie hier?

Anna: Na hier in der Tankstelle.

Marc: A ja, in der Tankstelle.

Anna: Ja, wir verkaufen alles: Benzin, Getränke, Brot, Zeitungen, ... alles!

Marc: Und du verkaufst das alles?

Anna: Ja, ich stehe an der Kasse und verkaufe alles. Die Leute kommen zu mir und geben mir ihr Geld.

Marc: Dann bist du reich? *Ironesch, mee d'Anna mierkt et net well hatt ganz begeeschtert ass.*

Anna: Marc, stell dich nicht so an. Die Tankstelle gehört Herrn Freiss. Er bekommt das Geld. Aber auch er behält nicht viel davon, denn er muss alles bezahlen, das Benzin, das Brot, die Getränke und alles.

Marc: Dann ist er ein armer Mann?

Anna: Ich weiß es nicht! Vielleicht arm, vielleicht nicht. Ich weiß es wirklich nicht.

Marc: Wirklich?

Anna: Du machst dich lustig über mich.

Marc: Ich, mich lustig über dich?

Anna: Marc, du, du, ... *spielerisch schlägt Anna auf Marc ein.*

Marc: Bleib doch noch etwas. Ich helfe dir morgen.

Anna: Du wirst morgen sehr lange schlafen, wenn ich in der Tankstelle stehe.

Marc: Dann helfe ich dir nach dem Schlafen. Versprochen! ... Anna, kommst du wirklich aus Polen?

Anna: Ja, aus Warschau. Das ist doch nichts Besonderes, oder? Es gibt sehr viele Polen, die ihr Geld im Ausland verdienen. Seit Polen in der EU ist, dürfen wir das machen.

Marc: Polen war immer so weit weg.

Anna: Polen ist auch heute noch weit weg. Oft denke ich an Mama und Papa.

Marc: Warum bist du hergekommen? Hast du den Freiss gekannt.

Anna: Nein, ich kam als Aupair, wollte dann bleiben und bekam die Stelle hier in der Tankstelle.

Marc: Ich hätte nie gedacht, einmal mit einem polnischen Mädchen zu reden.

Anna: Das ist aber ganz normal. Die ganze Welt wird vermischt.

Marc: Wie meinst du das?

Anna: Ich muss jetzt gehen Marc, es ist schon zu spät.

Marc: Erkläre mir bitte, wie du das meinst.

Anna: Das verstehst du nicht!

Marc: Hälst du mich für blöd?

Anna: Nein Marc. Aber ich ... na ja, ich weiß nicht so recht... *genéiert*

Marc: He, wir haben jetzt eben gegen das Eisenstangenmonster gekämpft, und gewonnen. Da brauchst du dich doch nicht vor mir zu schämen.

Anna: Das sind so Ideen, die ich habe, wenn ich allein bin.

Marc: Bist du oft allein?

Anna: Ja, aber ich mag es, allein zu sein, dann kann ich nachdenken.

Marc: Worüber?

Anna: ... Über das Weltall.

...

Marc: Das Weltall?

Anna: Siehst du, du lachst mich aus!

Marc: Nein, Entschuldigung, war nicht so gemeint.

Anna: Ja, ich liebe das Weltall, es ist so groß, so weit, so hell. Alles kam aus einem Punkt und alles kehrt irgendwann einmal zu diesem Punkt zurück.

Marc: Bist du sicher?

Anna: Ja Marc, ich wollte Physik studieren, in Polen, aber es ging nicht, wir hatten nicht genug Geld. Aber hier haben wir einen Computer, mit Internet, da studiere ich für mich selbst.

Marc: Du studierst das Weltall?

Anna: Auch das Weltall. Marc, die Menschen sind wie das Weltall. Wir stammen alle von einem Punkt und wir werden auch alle zu diesem Punkt irgendwann einmal zurückkehren. „Menschen werden in verschiedene Formen gegossen, aber mit demselben Inhalt.“

Marc: Schön, wie du das sagst.

Anna: Auch die Menschen machen sich auf die Reise. Sie machen sich auf die Reise durch die Länder, die Kontinente. Sie vermischen sich, sie verschmelzen miteinander.

Marc: Wie die Sterne?

Anna: Ja. Schau nur die Sonne: sie leuchtet hell, sie zeigt uns den Weg, sie schenkt uns Wärme und Leben. Diese Energie entsteht durch Verschmelzung, durch Fusion. Genau wie bei den Menschen: auch sie reisen durch die Welt und verschmelzen. Und durch diese Verschmelzung entsteht Energie.

Marc: Durch die Verschmelzung entsteht auch neues Leben.

Anna: Ja, Mann und Frau verschmelzen zu einem Ganzen, Samen und Eizelle verschmelzen zu einem neuen Leben, die Völker der

Welt verschmelzen, vermischen sich und neue Energie entsteht dabei.

Marc: Und was hat das mit Physik zu tun?

Anna: Alles und nichts. Denn alles verschmilzt: Protonen und Neutronen verschmelzen und bilden neue Energie, die Töne von Instrumenten verschmelzen und bilden eine Symphonie, die Zutaten beim Kochen verschmelzen und es entsteht ein leckeres Gericht.

Marc: Du hast Recht: das Leben ist ein beständiges Verschmelzen, ... eine beständige Fusion.

Anna: Du bist ja ein Philosoph! *laacht*

*De Marc an d'Anna maachen eng Zort „Fusiounsquiz“ oder „Fusiounsspill“, bei diem jidderee probéiert, e kleng Reim mat „Fusioun“ ze bastelen. Si fannen dat lëschtég, ameséieren sech dobäi a kommen sech no an no ëmmer méi no!*

## **Fusion ist...**

Intro:

Marc: Ein Philosoph, das bin ich nicht  
Doch hab' ich eine Idee

Anna: Eine Idee, die hab' ich nicht  
Doch kenne ich ein Spiel

Marc: Eng Iddi, e Spill, dat ass ganz egal

Anna: Wir sehen die Welt jetzt „fusional“

Marc: Anna, fang an: was ist Fusion?

Anna: Und dann kommst du: Integration!

### 1. Strof

Marc: Fusioun, dat ass  
wann eng Gemeng  
sech mat enger anerer zesummendeet  
dann ass se net alleng

Anna: Fusion, das ist  
wenn ein Verein  
sich mit einem anderen verbündet  
dann ist er nicht allein

Marc: Fusioun, dat ass  
wann ee kale Liter Mëllech  
sech mam wäisse Miel verbënnt  
da gëtt et séisse Panech

Anna : Fusion, das ist  
wenn eine kleine schwarze Note  
sich zu einer anderen gesellt  
die Symphonie erprobte

Ref:

Fufufusioun – déi gouf et schonns am ale Roum  
Fufufusioun – gehéiert zum gudden Toun  
Fufufusion – vereint so manches Elektron  
Fufufusion – gebraucht auch der Spion

Ein Stückchen von diesem, ein Stückchen von jenem  
daraus entsteht ein neues Ganzes  
und das beruht auf gegenseitiger Sympathie  
und erzeugt Energie, Energie, Energie

2. Strof:

Anna: Fusion, das ist  
wenn ein winziges Proton  
sich innerhalb von einem Atom  
verbindet mit dem Elektron

Marc: Fusioun, dat ass  
wat op der Sonn geschitt



wou d'Liicht an d'Hëtzt entstinn  
eis Welt hier Kraaft hierkritt

Anna: Fusion, das ist  
wenn zuviel Alkohol  
sich mit deinem Blut vermischt  
du fühlst dich nicht mehr wohl

Marc: Fusioun, dat ass  
wa 26 Länner  
zu enger Eenheet wëlle ginn  
E.U. nennt déi de Kenner

Ref:

Fufufusioun – déi gouf et schonns am ale Roum  
Fufufusioun – gehéiert zum gudden Toun  
Fufufusion – vereint so manches Elektron  
Fufufusion – gebraucht auch der Spion

Ein Stückchen von diesem, ein Stückchen von jenem  
daraus entsteht ein neues Ganzes  
und das beruht auf gegenseitiger Sympathie  
und erzeugt Energie, Energie, Energie

3. Strof:

Marc: Fusioun, dat ass  
wann ee verléifte Mann  
säi Liewen an nach méi ging ginn  
fir bei senger léiwer Fra ze sinn

Anna: Fusion, das ist  
wenn eine sehr verliebte Frau  
verschmilzt mit ihrem Mann  
sich hingibt ihm genau

Marc: Fusioun, dat ass  
wann ee winzeg klenge Somkär  
verschmëlzt mat der weiblicher Zell

an de Puppelche kënnt da ganz schnell

Ref:

Fufufusioun – déi gouf et schonns am ale Roum  
Fufufusioun – gehéiert zum gudden Toun  
Fufufusion – vereint so manches Elektron  
Fufufusion – gebraucht auch der Spion

Outro:

Ein Stückchen von diesem, ein Stückchen von jenem  
daraus entsteht ein neues Ganzes  
und das beruht auf gegenseitiger Sympathie  
und erzeugt Energie, Energie, Energie

-----> Marc: Fusioun, dat ass  
Anna: wenn ein ganz einsamer Mensch  
Marc: einen gleichgesinnten findet  
Anna: und spürt die Macht  
Marc: die beide dann  
Anna: auf ewige Zeit verbindet

Marc: die Anna mit Marc  
Anna: die Marc mit Anna  
Déi zwee: auf ewige Zeit verbindet.

Marc: Bis morgen Anna.

Anna: Bis morgen.

Marc: Anna, warte!

Anna: Ja?

Marc: Ich komme morgen zu dir, in die Tankstelle. Ich will dir helfen.

Anna: Schlaf schön, Marc.

Marc: Schlof gutt, Anna.

## **Szen 5**

Tankstelle

9.30 Auer

Marc, Anna, Claude a Loretta Freiss

*De Marc huet dien nächste Muere verschlof a kënnt eréischt géint halwer zing an d'Tankstell. Do ass de Betrib schonns zanter sechs Auer am Rullen. Hie geet duerch d'Reie vu Wueren a begéint dem Claude Freiss, dem Besëtzer vun der Tankstell.*

Marc: Ah, gudde Moien Här Freiss. Ech wollt lech emol eppes froen, Dir kennt mech jo nach sécher?

Freiss: „Dir kennt mech jo nach sécher“ ... a wouhier soll ech dech da kennen, Jong?

Marc: Ma ech sinn dach de Marc. Gëschter sinn ech mat menger Mamm an Äert Appartement nieft lech geplënnert. Mir sinn elo Noperen.

Freiss: Majo dann, gudde Moien. Ech hunn elo keng Zäit!

*De Freiss leeft weider, ouni nom Marc ze kucken. Hie raumt hei eppes an, an do eppes ewech.*

Marc: Här Freiss, Här Freiss, just ee Moment, et dauert net laang.

*An diem Moment kënnt d'Anna mat engem grouse Stapel Këschte laanscht. De Marc bleift stoen a kuckt him no.*

Marc: Moien Anna, wéi ass et, hues de gutt geschlof?

*Ouni hien ze beuechten, leeft hatt weider. De Marc weess ee Moment net, ob hien dem Anna oder dem Freiss nolafe soll. Hien decidéiert sech fir de Freiss.*

Marc: Här Freiss, ech wollt lech just eppes froen.

Freiss: Mäi Jong, du gesäis jo, datt ech keng Zäit hunn. Wann een hautdesdaags esou e Betrib huet wéi ech een hunn, da muss een um Dill sinn. Ech a meng Fra mir schaffen hei vu mueres bis owes. Esou eng wéis du an deng Mamm, esou eng muss eisereen mat erduerch huelen. Verstees de mäi Jong, esou geet dat haut.

Marc: Jo Här Freiss, Dir hutt ganz Recht, also, ech wollt just ...

Freiss: Wien haut net selwer mat upäckt, die gëtt gefriess. Iwwerall laueren se hanner de Grenzen, fir heihinner ze kommen a sech hei breed ze maachen. Wat mengers de, wat aus eiserengem gëtt? Wa mir net méi schaffen, wie soll da soss d'Suen hei am Land erbäischafen? Iren d'Tëntesëffer op de Büroen, oder wien?

Marc: Här Freiss, ...

Freiss: Här Freiss, Här Freiss, Här Freiss, mäi léiwe Jong, elo soen ech dir emol eppes: et ass eriwwer mam Litt an Trallala, et ass eriwwer mam Larifari, och elo bei eis. An dat ass och gutt esou! Elo muss emol nees geschafft ginn. Kuck dir dach nëmmen all déi Lidderhännëssen un, joerelaang déck Peien agesäckelt fir näischt ze schaffen, do huet eiseree sech geplot wéi e Mauliesel, mee ech soen dir, dat ass elo eriwwer, elo ginn emol ganz aner Säiten opgezunn, d'Spaassgesellschaft ass passé, elo geet et erëm wéi fréier bei der Arméi: „Alle Mann rein in den Raps, alle Mann raus aus dem Raps!“ Esou geet et elo erëm.

Marc: Ma ech wollt lech jo just hëllefen.

*Endlech bleift de Freiss stoen.*

Freiss: Hëllefen, mäi Jong, soos du elo hëllefen?

Marc: Jo, Här Freiss, ech hu jo elo Vakanz. An do wëll ech mech net langweilen. Wësst Dir, ech denken och esou wéi Dir. Et muss méi geschafft ginn. D'Jugend vun haut muss nees léieren, ze schaffen, ... esou wéi Dir deemools, ... nom Krich, oder esou. An dofir wollt ech lech froen, ob ech vläicht kënnt bei lech hei an der Tankstell, ...

*D'Anna leeft nees mat enger rieseger Këscht Zeitunge laanscht. De Marc kuckt him no an ass ee Moment ganz roueg, ganz ewech; hie streckt d'Hand am Anna seng Richtung.*

Marc: ... eng Hand mat upaken.

Freiss: Gutt mäi Jong, esou ass dat gutt, esou hu mir dat gären. Mee et ass näischt méi fräi. Kuck, ech hunn elo zwee Leit hei schaffen: meng Fra d'Loretta schafft an der Keess an dann nach esou eng polnesch Flaus, ech wees elo net méi wéi et heescht, hatt mécht de Rescht. Do hunn ech net méi Aarbecht, fir nach eng drëtt Persoun anzestellen.

Marc: Ech schaffen och just, wann Dir mech rufft. Wann Dir keng Aarbecht hutt, da bleiwen ech doheem. Just, wann Dir mech braucht, Här Freiss...

Freiss: Gutt mäi Jong. Dat ass déi richtig Astellung. Mee leider ass et net dran. Du weess jo, datt mir all déi Staatsbeamten an aner Bürosheinie musse mat erduerch huelen, do si keng Suen do, fir dräi Leit anzestellen, och net fir Studenten an der Vakanz.

Marc: Nee Här Freiss, Dir verstitt mech falsch. Ech wollt lech just hëllefen.

Freiss: Hëllefen? Mäi Jong, wéi mengs du dat?

Marc: Ma hëllefen eben, ech wollt just eng Hand mat upaken. Dir braucht mech dofir net anzestellen.

Freiss: Net anzestellen ... ?

Marc: Dir braucht mech net ze bezuelen, Dir braucht mir keng Suen ze ginn, ech si frou wann ech lech hëllef kann, dir braucht mech net ze bezuelen.

Freiss: Du méchs dat fir näischt?

Marc: Jo, Här Freiss, ganz fir näischt.

Freiss: Gutt esou, mäi Jong, du hues déi richteg Astellung, gutt esou.

*Hie leeft bei seng Fra un d'Keess.*

Freiss: Loretta, Loretta, ech hunn eis eng nei Hëllef gesicht. Eng Hëllef, Loretta, déi fir näischt schafft. D'Spaassgesellschaft ass eriwwer, elo ginn nees Sue verdingt.

*D'Madame Loretta Freiss, gekleet wéi eng an d'Joere komm  
italienesch Pirellismoss, also vill ze déck Brëscht an opgesprätzte  
Lëppsen, ass begeeschtert an dreift d'ganz Equipe un...*

## **Avanti, avanti**

Loretta:      Avanti avanti  
                  Tempo tempo  
                  Pulisci la tavola  
                  Aporta gli giornali  
                  Quanto costa la birra  
                  Porta via il pane  
                  Adesso non ho tempo  
                  Presto presto piu presto

Freiss:        Do steet de Kaffi an do ass de Béier  
                  Bréng schonns de Jus, geet dat net méi séier  
                  Wou ass dann de Schokela a wou ass de Fësch  
                  Wou ass den Hunneg, ass dien iwwerhaapt nach frësch

Anna:        Na los Marc, du bist doch nicht faul  
                  noch bist du kein klappriger Gaul  
                  du hast junge Beine, `nen kräftigen Rücken  
                  und noch lange gehst du nicht an Krücken

Marc:        Wat sinn ech elo mitt, ech sinn net méi fit  
                  Ech schlefen déi Këschten an engem Stéck  
                  Eng Stënnche geschafft an näischt derfir kritt  
                  Ech spiren all Schank an et och schonns am Réck

Ref(all):     Hei op der Tankstell verkafe mir Spritt

Mee dat ass net dat eenzezt wat een hei kritt  
Hei gëtt et alles wat d'Häerz begiert  
mat Bensin a mat Diesel, datt den Auto nees fiert  
Hei op der Tankstell begéine sech d'Mënschen  
Si kommen heihinn, soe wat si sech wënschen  
E Buttek am Duerf brauche mir elo net  
Well et hei an der Tankstell wierklech alles gëtt

Loretta:     Avanti avanti  
              Tempo tempo  
              Pulisci la tavola  
              Aporta gli giornali  
              Quanto costa la birra  
              Porta via il pane  
              Adesso non ho tempo  
              Presto presto piu presto

Freiss:     Wou ass dann de Journal, hätt Dir gär e Wippchen  
              eng Mettwurst, eng Zoossiss fir Äre Mippchen  
              Da bréng emol déi Këscht oder bass du net wëlleg  
              A kuck hei déi Mëllech, déi ass vill ze bëlleg

Marc:     Ech wollt nëmmen hëllefen, ech wollt guer net schaffen  
              Ech wollt dach just bei dir Anna sinn  
              Wat ass dat ustrengend, ech hunn näischt ze baffen  
              Et ass just wéinst denger wou ech nach hei stinn

Anna:     Na los Marc, du bist doch nicht faul  
              noch bist du kein klappriger Gaul  
              du hast junge Beine, `nen kräftigen Rücken  
              und noch lange gehst du nicht an Krücken

Ref(all):   Hei op der Tankstell verkafe mir Spritt  
              Dat ass net dat eenzezt wat een hei kritt  
              Hei gëtt et alles wat d'Häerz begiert  
              mat Bensin a mat Diesel, datt den Auto nees fiert  
              Hei op der Tankstell begéine sech d'Mënschen  
              Si kommen heihinn, soe wat si sech wënschen  
              E Buttek am Duerf brauche mir elo net  
              Well et hei an der Tankstell wierklech alles gëtt

Loretta:     Avanti avanti  
              Tempo tempo

Pulisci la tavola  
Aporta gli giornali  
Quanto costa la birra  
Porta via il pane  
Adesso non ho tempo  
Presto presto piu presto

*Wann d'Lidd eriwwer ass, sëtzt de Marc ausser Otem op engem Stull: hien ass dätsch. D'Anna geet mat engem Koup eidel Këschte laanscht a grinst hien un.*

Anna: *flüstert him an d'Ouer, fir datt d'Loretta näischt mierkt*  
Heute Abend um 11 im Schuppen (Garage), wenn du dann noch in Form bist.

De Marc ka just nach mam Kapp wénken, an hieft d'Hand, fir ze weisen, datt hie verstan huet.

## **Szen 6**

Garage

23.15 Auer

Marc, Anna, Camille, Laurent, Mathieu, Paulo a seng Terrier Celeste an Alfonso

A.

*Géint 23.15 Auer, also eng véierel Stonn ze spéit, kënnt de Marc erof bei d'Anna an d'Garage geschlach. Hatt huet schonns op hie gewaart.*

Anna: Na endlich, ich dachte schon, du kämst nicht mehr.

Marc: Sorry, ich bin eingeschlafen. Die alte Freiss hat mich ganz schön ans Rennen gekriegt. Ich bin hundemüde.

Anna: Héi, du wirst doch hier nicht schlapp machen!

Marc: Anna, ich glaube, Freiss hat Recht.



Anna: Hë?

Marc: Ja, Freiss sagt, die Jugend von heute kann nicht mehr richtig zupacken. *ironesch*

Anna: Marc, du wirst dem alten Schinder doch nicht auch noch Recht geben wollen.

Marc: Nein, Anna, reg dich nicht auf, war nicht so gemeint.

Anna: Ja wie war es dann gemeint? Der Alte weiß nicht einmal meinen Namen, er behandelt mich wie den letzten Dreck und flucht nur einmal gegen die Polen und überhaupt alle Ausländer. Und dabei verdient er sein Geld mit Deutschen, Belgiern und Franzosen, die hier bei ihm in seinem verkommenen Schuppen Benzin, Zigaretten und Schnapps kaufen. Von dem Alten habe ich die Nase voll.

Marc: Aber du arbeitest doch auch für ihn, du bekommst doch auch dein Geld von ihm.

Anna: Marc, ich kann mir meinen Boss nicht aussuchen, ich muss froh sein, wenn ich überhaupt Arbeit finde.

Marc: Ja, du hast wenigstens Arbeit, nicht wie meine Mutter, die sucht schon zwei Jahre und kriegt keinen Job.

Anna: Dann habe ich als dahergelaufene Polin deiner lieben Frau Mama also die Arbeit weggenommen, oder was!?

Marc: Anna, hör mir doch zu...

Anna: Ja, ihr Luxemburger seid alle gleich: wenn wir nichts arbeiten, sind wir faule Penner, Schmarozer. Arbeiten wir aber, dann nehmen wir euch die Jobs weg. Was meinst du denn, dass ich tun soll?

Marc: Anna, reg dich doch nicht gleich so auf! Ich wollte doch nur...

Anna: Ja, daheim bleiben sollen wir, das ist es, was du meinst. Daheim bleiben und darauf warten, dass ihr uns helfen kommt, dass ihr eure Banken und eure Firmen und eure Büros und eure Hotels und eure Bordells bei uns aufbaut und damit euer Geld verdient, so war das doch gemeint. Und wir können dann für euch die Drecksarbeit machen und auch noch dankbar sein, dass wir von euch einen Hungerlohn erhalten. Ist es das, was du sagen wolltest?

Marc: Anna, ich bin müde, ich kann nicht mehr, ich hab jetzt keine Lust mit dir solche ... solche ... Diskussionen zu führen.

*Op eemol steet de Camille virun hinnen.*

Camille: Aha, esou séier geet dat schonns, emol nach net bestuet, a scho wëllen se net méi diskutéieren.

Anna: Camille, lass uns in Ruhe!

Camille: Bravo, Marci-Boy, e richtege Lëtzebuurger Mann bass de ginn, déi loossen sech hir Mossen och elo all aus Polen oder Thailand kommen, aus dem Katalog. An net fir ze dikutéieren, verstees de, fir ze buppen, a fir soss näischt. A wa se net wëllen, da ginn et der e puer an d'Schnëss. Du hues bis elo alles richtig gemaach.

Marc: Camille, du bass en Aaschlach, du verstees iwwerhaapt näischt.

Camille: Wëlls du ire soen, ech wir ze domm, fir ze gesinn wat ech gesinn?

Marc: Du hues iwwerhaapt näischt gesinn.

Camille: Marc, du deem mir Leed! Du häss besser, dir eng richtig Moss ze sichen, eent wou s de kanns derwidder goen, an net déi verbrute polnesch Louder do. Hatt mécht ee richtig wëll, a wann s de dech dann net méi packs, mäi léiwen Alen, da weist et dir déi kal Schëller. Hat wäert just déi bäילוossen, déi genuch Mënz

hunn, déi e puer Honnerter kënne sprange loossen. Vlächicht dien ale Freiss, dien ass verhouert wéi eng Sau, mee op seng Al däerf en net méi klammen, soss platzen dier d'Bäll.

*De Marc spréngt op a wëllt sech op de Camille geheien. De Laurent an de Mathieu komme mat e puer Kollegen.*

Mathieu: Héi, Laurent, so dem Camille, e soll op die Wichser oppassen, die wëllt hie platt maachen.

*De Marc bleibt stoen.*

Camille: Haalt dir iech do eraus!

Laurent: Héi salut, all zesummen. Dréie mir haut weider? Mir hu Verstärkung matbruecht, da gëtt et méi ee grousst Gemetzels.

Camille: Du kanns deng Kamera roueg ewell schaarf stellen, da kanns de den Owend e puer richteg gäil Opnahme maachen.

Laurent: Héi, cool Mann, mir dréie weider. „Das Eisenstangenmonster schlägt zurück“.

Camille: Nix Eisenstangenmörder, den Owend gëtt hei Reality-TV gemaach, mat zwou Haaptpersounen: diem klenge Wichser hei hie weist op de Marc an dem Mister Paulo D.F. - himself.

*E Moment Rou, keen traut sech eppes ze soen.*

Mathieu: De Paulo kënnt den Owend heihinner!

Camille: Bingo, Alen, de Paulo a seng Gang hunn den Owend hei e Rendez-Vous mat engem gewësse Marc Schmitt. Si wëllen hien onbedingt kenneléieren, well ech hunn hinne gesot, datt die Marc Schmitt hei a coole Kleeder erëmléift a bestëmmt d'Täsche voller Geld huet. Ech hunn hinnen och gesot, datt die Marc Schmitt iewer och e ganz schlechte Charakter huet, well hie wëllt säi Geld net matginn, hie wëllt net e bësse ... mat eis deelen. An haut mécht een dat dach net, oder? Jidderee spend fir déi aarm Leit, also och de Marc Schmitt.

Laurent: Du hues wierklech de Paulo geruff?!

Camille: Wourops du ee loosse kanns, Alen!

Laurent: Mathieu, maach d'Kamera prett, geschwë rabbelt et hei: da filme mir „Nightmare on Elmstreet - Live und in Farbe“.

Mathieu: Héi Mann, so diem Wichser, e soll aus dem Bild goen.

Camille: Keng Angscht, Mathieu, ech hënneren dech net. Mee ech wäert mir die Spektakel iewer aus dier éischer Rei ukucken. Marc Schmitt, hues du däin Testament gemaach?

Laurent: „Nightmare in Freiss' Garage: déi éischt: Action“...

B.

*Musek – Begleetmusek wéi am Film – mat Choreographie – de Laurent an de Mathieu filmen alles mat der Kamera, et gött direkt op der Leinwand iwwerdroen.*

*De Paulo kënnt eran (esou wéi wann d'Boxer duerch de Publique an de Ring marschéieren). An erëm gött op der grousser Leinwand iwwerdroen, wat de Mathieu an de Laurent filmen. Et gesäit een do also alles vu vill méi no, esou wéi am Kino oder op der Télé. Hannert dem Paulo kommen nach eng Rei aner Leit eran (Celeste, Alfonso...), all am Paulo sengem Alter. Si stelle sech am Hallefkrees op, de Camille geet op de Paulo duer.*

Camille: Salut Paulo, ça va ?

Paulo: Arrête de me raconter des bobards, Camille, où est-il ?

Anna: Camille, was soll das?

Camille: Héi Paulo, mon ami, c'est quand même clair ! C'est lui !

Paulo: Lui?

*De Camille wénkt „jo“ mam Kapp.*

*De Paulo weist zwee vu senge Leit un, si solle sech hanner de Marc stellen. De Paulo geet elo lues op de Marc duer, ouni hien direkt an d'Gesicht ze kucken.*

Paulo: Hé Marc, - tu t'appelles donc Marc? – mon copain Camille a dit à Paulo qu'il devait te parler.

Anna: Camille, du Schwein!

Celeste: Héi Tussi, roueg elo! *Hie stéisst d'Anna op d'Säit.*

Paulo: T'as perdu la langue ou quoi? Ecoute Marc, - tu t'appelles donc Marc ? – on doit causer ensemble, tu sais, nous deux. T'es nouveau ici, et c'est pour ça que Paulo doit t'expliquer comment ça se passe ici.

Alfonso: *Stéisst de Marc an d'Säit* Hues du verstan?

Marc: *Geet liicht an d'Knéien* Jo, da schwätz.

Paulo: Bien, alors, les deux potes de Paulo, Celeste et Alfonso, et les autres, ils ne supportent pas qu'on se ballade habillé comme toi ici dans ... dans ... ce trou à rats.

Celeste: Ehë, guer net gär.

Paulo: Ils n'ont pas un bon caractère, tu sais, et ils deviennent jalous quand on est habillé aussi classe, tu comprends?!

Marc: Ech versti guer näischt.

Alfonso: *Kritt vun engem Abléck op dien aneren e „Wutausbroch“* Héi du Wichser, schwätzt de Paulo net kloer! Ech kann et net gesinn, wann een esou ugedoen ass wéis du, ech verdroen dat net.

*Den Alfonso schléit dem Marc vun hanne mat der Eisestaang, déi nach ëmmer do läit, an d'Knéikéilen. De Marc fällt op de Buedem,*

*an den Alfonso an de Celeste, zesummen, mat nach e puer anerer, fänken un mat de Féiss op de Marc ze rennen. No enger laanger halwer Minutt meld de Paulo sech.*

Paulo: Hé connards, assez, laissez tomber, qu'est-ce qu'il vous a fait, Marc, lâchez-le !

*Sie loossen de Marc lass, die sech um Buedem diebelt a net méi opkënnt.*

Paulo: C'est quoi ça? Pourquoi est-ce que vous frappez Marc ? Lui, il n'en peut quand même rien si sa mère lui achète ce genre de fringues, ou pas ?

*De Marc probéiert opzestoen, mee et geléngt him net.*

Paulo: Viens Marc – tu t'appelles donc Marc? – Paulo va t'aider. *Hien zitt de Marc um Buuscht an d'Luucht.* Tu vois, Paulo, lui, il peut t'aider. Tu dois bien t'entendre avec Paulo, tu comprends ! Ces deux-là avec leur mauvais caractère, ils font ce que Paulo leur dit. Si Paulo dit que Marc est le copain de Paulo, alors ils vont te laisser tranquille. Mais si Paulo dit que Marc n'est pas le copain de Paulo, alors ...

*Hie léisst de Marc lass. Direkt geet de Marc nees an d'Getten an déi aner fänken nees un, op hien ze trëppelen. Mee dës Kéier dréit de Paulo sech ganz séier ëm an zitt de Marc nees un de Buuschten an d'Luucht.*

Paulo: Tu vois, c'est comme ça. T'as compris ?

*De Marc äntwert net.*

Paulo: Hé connard, t'as compris ce que Paulo t'as dit?

*De Marc äntwert ëmmer nach net. Hie kuckt de Paulo riicht an d'Aen. De Paulo hält e Mësser aus der Täsch, e ganz dënnt, laangt, spatz...*

Paulo: Si tu ne comprends pas ce que Paulo te dit, alors tu devras te débrouiller tout seul. Eh bien, il faut marcher de tes propres pas !

*Hie léisst de Marc e bësse lass. Direkt geet de Marc an d'Getten. De Paulo paakt erëm de Buuscht an zitt de Marc an d'Luucht.*

Paulo: Marc – ou comment tu t'appelles? – Paulo te dit de te débrouiller seul.

*De Paulo stécht dem Marc d'Messer an d'Nueslach; wann hien elo lassléisst, da fällt de Marc, an d'Messer schneit him d'Nues op. Dem Marc seng Ae gi ganz grouss. D'Anna wëllt gelaf kommen, gött iewer vun engem vum Paulo senge Leit zrëckgehalen.*

Anna: Marc, Marc! So lasst ihn doch!

Paulo: Se débrouiller seul! Alors, connard, t'as compris.

Marc: Jo.

Paulo: Paulo n'a pas compris, qu'est-ce que Marc a dit ?

Marc: Oui.

Paulo : Ca veut dire quoi « oui » ? Hé connard, ça veut dire quoi « oui » ?

Marc: Oui, j'ai compris.

Paulo: C'est une bonne chose d'avoir compris Paulo. Alors maintenant Paulo, il va te dire quoi faire que Celeste et Alfonso te laissent tranquille. Tu veux donc qu'ils ne te frappent pas ?

Marc: Non!

Paulo: Hé, enculé, tu te fouterais pas de Paulo? Tu dis oui, puis tu dis non.

Marc: Non, je ne le veux pas !

Paulo: Bien, comme ça c'est bien.

*Hien zitt dem Marc d'Messer aus der Nues an dréit sech ëm. Hie beweegt sech wéi een Torrero.*

Paulo: Marc, écoute. Paulo, c'est ton copain. Et si tu veux être le copain de Paulo, alors tu dois lui faire un cadeau. T'as donc beaucoup de fric, t'es bien habillé, ... tu fais un cadeau à Paulo, et alors il va s'occuper de toi.

Marc: Je n'ai pas d'argent.

Paulo: *dréit sech ëm* Hé connard, mais regarde-toi une fois dans un miroir. T'as sûrement beaucoup de blé, comme t'es habillé-là.

Marc: *verzweiwelt* Je n'ai pas d'argent. Ou pourquoi tu penses que nous habitons dans ce trou !

Paulo: Hé Marc – tu t'appelles donc Marc ? – tu veux te foutre de la gueule de Paulo ?

Camille: Le connard-là travaille chez Freiss. Toute la journée il a rangé les journaux et porté des caisses. Ca il ne fait pas pour rien. Il a les poches pleines d'argent !

Marc: J'aide seulement, je ne reçois rien!

Camille: Fir wéi domm häls du de Paulo ?

Paulo: Paulo veut son cadeau pour demain soir, t'as compris. Demain soir, Paulo sera de nouveau ici avec Alfonso et Celeste, et si t'as pas son cadeau, alors il ne sera plus ton pote.

Marc: Qu'est-ce que tu veux?

Paulo: Un beau cadeau pour ton pote. Tu veux faire plaisir à Paulo, ou tu veux être un branleur ?

Marc: -



Paulo: Tu vois, t'es le copain de Paulo. A demain, mon pote !

*Hien dréit sech ëm fir ze goen. All déi aner bleiwe stoen. Op eemol dréit och de Paulo sech nees ëm.*

Paulo: Ne déçois pas ton copain, ça ne serait pas bien. Marc - tu t'appelles donc Marc, ou comment ? Camille dit à Paulo comment s'appelle son copain.

Camille: Marc.

Paulo: Marc quoi ? Personne ne s'appelle juste Marc.

Camille: Je sais seulement qu'il s'appelle Marc Schmitt, rien de plus.

Paulo: Hé copain, comment tu t'appelles, allez, dis-le à Paulo.

Marc: Dat geet dech guer näischt un!

*De Paulo kuckt ee Moment an de Buedem, mécht wéi wann e ganz traureg wir. Dann zitt en d'Messer nach eng Kéier aus der Täsch. Den Alfonso an de Celeste paken de Marc vun hannen. De Paulo geet op de Marc duer.*

Anna: Marc Schmitt ist wirklich sein Name.

Paulo: Marc Schmitt? La petite Polonaise dit Marc Schmitt, tu lui as déjà avoué cela. - Ah, oui, Paulo avait presque oublié : Camille, c'est aussi le pote de Paulo, alors pas touche à la Polonaise. Tu comprends ! Marc Schmitt.... Marc Schmitt, quel nom chiant, ne déçois sûrement pas ton copain Paulo. Marc Schmitt ? C'est ton vrai nom ça? Marc Schmitt.

*De Paulo verschwënnt mat senge Leit. Musek aus. Film aus.*

Paulo: A demain, mon pote!

## **Szen 7**

Garage

00.00 Auer

Marc, Anna, Laurent, Mathieu, Camille

Mathieu: Héi Laurent, dat war voll die Film.

Laurent: Das Eisenstangenmonster a „Pulp Fiction“ zesummen. Elo gi mir berühmt.

Mathieu: Dien houere Paulo, esou wëll ech och eng Kéier ginn.

Anna: Was machen wir jetzt?

Marc: Ich weiß es nicht.

Anna: Du musst ihm Geld geben, sonst lassen sie dich nicht in Ruhe.

Marc: Ech hu kee Geld. Anna, meine Mutter und ich sind hierher gekommen, weil wir kein Geld haben. Hier ist es billig zu wohnen, deshalb sind wir hier. Die Kleider hier sind von Einar, dem Übersetzer, die gehören mir nicht.

Mathieu: *zum Laurent* Héi Alen, ech mengen hien huet e Problem.

Laurent: Jo, en zolitte Problem. Mam Paulo ass net gutt Kiischen iessen. Die wëllt keng Geschichte verzielt kréien, die wëllt Sue gesinn.

Mathieu: So him, et huet kee Wäert, entweder bezuelt hien, oder se schloen hie freckt.

Marc: Mir geschitt schonn näischt. Dir kuckt zevill Fernseh.

Anna: Marc, die machen keinen Spass, verstehst du!? Die sind nicht hierher gekommen, um sich die Zeit zu vertreiben. Die werden dich nicht in Ruhe lassen bis du bezahlst. Das ist ... eine andere Liga.

Marc: Aber ich kann doch nicht bezahlen.

Anna: Aber so wie du aussiehst, sind die fest davon überzeugt, dass du reich bist. Und da wollen sie ihren Teil davon abhaben.

Mathieu: Héi, so him, hie soll säin Handy verkafen.

Marc: Ech hu keen Handy.

Laurent: Ech gi geckeg. Du hues keen Handy. So hutt dir iwwerhaapt eppes fir z'iessen?

Marc: Amplaz domm ze schwätzen, kënns du deng Gehirzellen emol ploen an iwwerleeën, wéi ech u Geld kommen.

Laurent: Du schaffs dach beim Freiss. So dem Paulo, hie soll waarden, bis du Pei kriss.

Marc: Ech kréie keng Pei.

Laurent: Wat heescht dat? Jiddereen die schafft, kritt eng Pei.

Marc: ... Ech hëllefen do just e bëssen.

Laurent: Dono huet et haut iewer net ausgesinn. Du hues die ganzen Dag geschafft wéi ee Bier.

Marc: Jo, mee ech kréie keng Suen.

Laurent: Du lesel, firwat méchs du dat dann?

Marc: Dat kann dir dach egal sinn.

Laurent: Ok, sorry, datt ech dir hëllefe wollt, allez, ciao, mir si fort.

Marc: Waart, ... ech schaffe beim Freiss, ... *genéiert* fir d'Anna ze gesinn.

Laurent: Mäi Gott, déi grouss Léift, och dat nach.

Mathieu: *séngt* True Love

Laurent: Dat waren nach Filmer.

...

Anna: Kannst du deine Mutter nicht um Geld bitten?

Marc: Meine Mutter kann nicht mal die Miete am Ende des Monats bezahlen.

Anna: Hast du sonst niemanden, den du fragen kannst? Wo ist dein Vater.

Marc: Ich hab' keinen Vater.

Anna: Jeder Mensch hat einen Vater.

Marc: Mein Vater hat uns verlassen, als ich geboren wurde. Ich weiß nicht einmal, wo er ist.

Laurent: Dat heescht, du hues guer keng Ahnung, wien däi Papp ass?

Marc: Wéi ech kleng war, sot meng Mamm ëmmer: „Däi Papp ass de Manuel Guterrez, dee berühmte Pirat aus Uruguay“.

Laurent: Aus wat?

Marc: Uruguay, ech mengen, dat ass e Land an Asien oder Südamerika oder esou.

Laurent: Dat ass dach Quatsch, e Pirat och nach...

Marc: Natierlech ass dat Quatsch, an dofir hunn ech net méi nogefrot, wéi ech méi grouss gi sinn.

Anna: Uruguay liegt in Südamerika. Es ist bestimmt ein schönes Land. Es hat viele Berge und es gibt dort Lamas. Die Hauptstadt heißt Montevideo.

Laurent: Coolen Numm, Montevideo, ... *Betounung op V\ideo* esou könnte mir eis Firma nennen, Alen, wat mengs du? zum Mathieu

Marc: Ich hab' oft von Uruguay und meinem Vater geträumt, ... wie er als Pirat in den Hafen einfährt ... ach was, alles Kinderquatsch...

Mathieu: Héi Alen, so him, wann de Freiss net bezillt, da soll hien sech einfach d'Suen huelen.

Marc: Spënns du ?!

Laurent: Kloer, de Math huet Recht, wann de Freiss dir déi Suen, déi s du zegutt hues, net wëllt ginn, da muss du him se eben huelen. Esou einfach ass dat.

Marc: Einfach esou huelen. A wéi soll dat da goen?

Laurent: Héi Mann, stees du op der Leitung, oder wat? Du gees bei d'Keess, wann dem Freiss seng Al sech d'Lëppse fierwen ass, an dann hëls du dir zwee Gringer. Fäerdeg! Déi hues du dir verdingt! A mar den Owend méchs du dem Paulo da säi Kado.

Mathieu: Bingo!

Marc: Ech mengen, dir hutt se net méi all. Ech si mitt, ech kann net méi. Mir fällt den Owend näischt méi an.

Laurent: Solle mir dir hëllefen?

Marc: Dat do kënnt net a Fro. Ech hunn nach ni geklaut an ech wäert och ni klauen. Mar kucke mir weider. Nuecht Anna, bis morgen.

Anna: Bis morgen.

Laurent: Jo, da maache mir eis och elo. Allez, bis mar.

Mathieu: Héi Alen, coolen Owend haut! .. So, Manuel Guiterrez, dat hunn ech dach schonn eng Kéier héieren, oder ...

Marc: Veraasche kann ech mech selwer!

Mathieu: Cool!

Laurent: Cool!

*De Marc verschwénnt, de Mathieu an de Laurent och. D'Anna bleift alleng zréck.*

## **Was würdest du für mich tun?**

Intro (evtl. geschwat):

Jetzt hast du ein richtiges Problem, Marc, und du bist dir nicht einmal bewusst, dass es so ist. Die werden so lange keine Ruhe geben, bis sie dich ausgequetscht haben, wie – eine Zitrone...

Wie soll ich dir helfen?

Wie kann ich dir helfen?

Was würdest du für mich tun, wenn ich in deiner Lage wäre....

Ref:

Du würdest für mich - doch auch alles tun  
jede Lüge verzähl'n und übers Wasser geh'n  
Du würdest für mich – auch nicht eher ruh'n  
bis alles vorbei und fest zu mir steh'n

Und wenn ich dich bräucht, sicher würdest du dann  
keinen Augenblick vertun, um bei mir zu sein  
Du würdest für mich – nicht nur dann und wann  
über Wolken geh'n denn du wärst ganz mein

Strophen:

Und wenn ich dann krank auf dem Bett müsst verweilen  
Dann kämst zu mir meine Krankheit zu heilen  
Und wenn ich dann alt an Krücken müsst gehen

Dann kämst du zu mir, würdest mich verstehen

Und wenn ich einmal müsste ganz weit verreisen  
Du würdest mit mir geh'n dich überall loseisen  
Und würd' ich einmal von Trauer geplagt  
du hättest im Nu den Kummer verjagt

Ref:

Du würdest für mich - doch auch alles tun  
jede Lüge verzähl'n und übers Wasser geh'n  
Du würdest für mich – auch nicht eher ruh'n  
bis alles vorbei und fest zu mir steh'n

Und wenn ich dich bräucht, sicher würdest du dann  
keinen Augenblick vertun, um bei mir zu sein  
Du würdest für mich – nicht nur dann und wann  
über Wolken geh'n denn du wärst ganz mein

Strophen:

Und wenn dann der Sturm zerstörte mein Heim  
du nähmst mich zu dir, ich wär' nicht allein  
Und wenn dann die Flut wegschwämmte mein Haus  
du nähmst mich zu dir, triebst mich nicht hinaus

Ref:

Du würdest für mich - doch auch alles tun  
jede Lüge verzähl'n und übers Wasser geh'n  
Du würdest für mich – auch nicht eher ruh'n  
bis alles vorbei und fest zu mir steh'n

Und wenn ich dich bräucht, sicher würdest du dann  
keinen Augenblick vertun, um bei mir zu sein  
Du würdest für mich – nicht nur dann und wann  
über Wolken geh'n denn du wärst ganz mein

Outro (evtl. geschwat):

Und wenn ich wirklich einmal Geld bräuchte,  
dann würdest du, mein Marc ...

*Lues schläicht d'Anna sech an der Däischtert eriwwer an d'Tankstell.*

*Hatt gëtt nees gefilmt, et gesäit een et op dier grousser Leinwand, mee et erkennt een nach net wie filmt.*

*Musek – Begleitmusek wéi am Film – mat Choreographie*

*Hatt versicht, sech zwëschen d'Regaler ze duckelen, mee d'Kamera fänkt hatt ëmmer nees an.*

*D'Anna ass elo bei der Keess ukomm. Ganz lues mécht hatt se op an hält 200 € eraus. Hatt bleift ee Moment stoen an dréckt d'Sue ganz fest widder d'Broscht, mécht d'Aen zou. Hatt schingt nach eng Kéier ze iwwerleeën, ob hatt se wierklech huele soll.*

*Da stécht et se a säin Ausschnëtt.*

*Dat gesäit een alles ganz gutt op der Leinwand.*

*An diem Moment gëtt eng grell Luucht op d'Anna geriicht. Et ass de Camille, die mat der Kamera do steet. D'Musek stoppt an diem Moment, wou d'Luucht ugeet.*

## **Szen 8**

Tankstell  
01.30 Auer  
Anna, Camille, Marc

Anna: Camille, hast du mich erschreckt!

Camille: „Erschreckt“ ist wohl kaum das rechte Wort.

Anna: Camille, wie meinst du das?

Camille: Ich würde eher „ertappt“ sagen.



Anna: Ertappt, wobei?

Camille: He, Kleine, willst du mich für dumm verkaufen oder was?

Anna: Camille, ich versteh' nicht, was du meinst.

Camille: Ach so, du spielst mal wieder die dumme kleine Polin, „nix verstan“, oder so. Süße, ich hab dich gefilmt.

Anna: Was?

Camille: Ich hab nicht nur gesehen, wie du 200 € geklaut hast, ich hab es auch mit der Kamera festgehalten, verstehst du!?

Anna: Camille, ich hab nicht geklaut.

Camille: Och Anna! Du brauchst deinem alten Freund Camille doch kein Theater vorzuspielen, ich hab Beweise. Von jetzt an wird getan, was Camille sagt, sonst...

Anna: Du lügst. Wo soll das Geld denn sein?

*De Camille geet bei d'Anna, kuckt et ee Moment an d'Aen, a gräift him da vun ënnen ënner de Pullover.*

Camille: Oh, was fühlen meine Hände denn da Schönes. Zwei neue Hundert-Euro-Scheine, und was ist denn das, ... zwei pralle ...

*D'Anna wëllt de Camille ewechdrécken. Hie paakt et iewer mat dier anerer Hand am Genéck a behält déi eng Hand ënner dem Pullover. D'Anna brëllt...*

Anna: Camille, lass mich, du bist widerlich... Marc, Marc!

*De Camille hält dem Anna de Mond mat der Hand zou.*

Camille: Pschschscht, Kleines! Jetzt wirst du ganz brav machen, was der böse Onkel Camille von dir verlangt. Du weißt doch, kleine Polinnen, die 200 € klauen, schickt man schnell wieder nach Hause.

Anna: Hëmmëmm ... D'Anna probéiert sech ze wieren.

*De Camille laacht dem Anna an d'Gesicht a kësst et da sturazeg op de Mond. Hie probéiert him d'Been auserneen ze drécken.*

*An diem Moment kënnt de Marc uewen op der Trap aus sengem Zëmmer.*

Marc: Anna, wat ass, firwat riffs du! ... Elo gesäit hien de Camille an d'Anna an enger ganz eendeiteger Positioun. Anna, dat hätt ech net vun dir geduecht!

*De Camille léisst d'Anna lass a laacht dem Marc zou. Hien huet déi 200 €, déi d'Anna klaue wollt an d'Täsch gestach.*

Camille: Polinne si flexibel; fir vill Aarbechten anzesetzen. Maach dir näischt draus, Kolleg, hatt féckt och nach mat dir.

*Hie kuckt d'Anna nach eng Kéier a verschwënnt da mat der Kamera an den 200 €.*

Anna: Marc, Camille hat mich ...

Marc: Ech hu gesinn, Anna, oder mengs du, ech hätt keng Aen am Kapp!

Anna: Es war nicht so, wie du denkst.

Marc: Bëlleg, dat do ass bëlleg, Anna. Dat hätt ech net vun dir geduecht.

Anna: Marc, lass mich doch ...

Marc: Genug Anna, genug. Wat dir aus dem Osten net alles fir e puer Su maacht!

*De Marc schléit d'Dir hannert sech zou, d'Anna steet nach ee Moment do, et weess net, ob et dem Marc nolafe soll, da rëselt et de Kapp a setzt sech op een Hocker.*

*De Marc sëtzt elo a sengem Zëmmer, d'Anna an der Tankstell.  
Zesumme sangen si en Duett, ouni sech ze gesinn.*

## **D'Lidd vum Déifpunkt**

Marc:

Muss et dann nees esou sinn  
Kann et net anescht goen  
Dausendmol schonn um Fernseh gesinn  
An elo muss ech et erdroen

Wéi schéin hätt alles kënne sinn  
Wéi dacks wollt ech dir scho soen  
Wéi gutt mir eis am Fong verstinn  
Mee den Zweiwel hues du eragedroen

Anna:

Musste es wirklich wieder so kommen  
Wie in einem schlechten Film  
Die Sicherheit ist mir genommen  
Dies war ganz bestimmt nicht mein Ziel

Das Leben kann doch so grausam sein  
wie bitterer Wein, eine endlose Pein  
Wobei meine Hoffnung und Liebe so rein  
Ich wollt auf immer treu dir sein

Ref:

Nun bin ich wieder mit mir alleine  
in diesem fremden, fernen Land  
Ich fühl mich elend, dass ich oft weine  
Mir fehlt deine helfende Hand

Nun ist es aus, es hat keinen Sinn mehr  
Passiert ist passiert, aus und vorbei  
der Schmerz ist zu groß, ich liebte dich zu sehr  
Gescheh'n ist gescheh'n, wir sind entzwei

Marc:

Das Leben geht weiter, die Zeit bleibt nicht steh'n

Die Wunden verheilen, du wirst es schon seh'n

Anna:

So reden die Alten, sie reden soviel  
Und tun so als wär dies alles nur Spiel

Marc:

Enttäuschung war bis elo just e Wuert  
Dat ech gesot hunn ouni ze wëssen  
Léift war bis elo just e Wuert  
Anna, Anna ech wëll dech net mëssen

Ech hu gekuckt, wat ech net wollt gesinn  
Ech hu gelauschert, wat ech net wollt héieren  
Ech hu gefüllt wat ech net verstinn  
Elo sëtzen ech hei, ka mech net méi réieren

Anna:

Ich wollte das Glück, bekam nur das Leid  
Ich wollte die Freude, bekam nur die Trauer  
Wie kann ich erklären was eben geschah  
Um dein Herz baust du eine Mauer

Du kannst nicht begreifen was du eben sahst  
Zu schwierig war diese Situation  
Dein Vertrauen ist fort, finster der Ton  
mir bleibt dann am Ende nur Resignation

Ref:

Nun bin ich wieder mit mir alleine  
in diesem fremden, fernen Land  
Ich fühl mich elend, dass ich oft weine  
Mir fehlt deine helfende Hand

Nun ist es aus, es hat keinen Sinn mehr  
Passiert ist passiert, aus und vorbei  
der Schmerz ist zu groß, ich liebte dich zu sehr  
Gescheh'n ist gescheh'n, wir sind entzwei

Marc:

Das Leben geht weiter, die Zeit bleibt nicht steh'n  
Die Wunden verheilen, du wirst es schon seh'n

Anna:

So reden die Alten, sie reden soviel  
Und tun so als wär dies alles nur Spiel

Marc:

Ich glaubte an Liebe und an einen Menschen  
Der es aufrichtig und ehrlich meint  
Ich dachte an Treue und an tausend Wünsche  
An den einen Gedanken, der uns vereint

Anna:

Grosser Gott, sollt es dich geben  
so lass die Zeit doch nur rückwärts geh'n  
Gib mir die Chance, nur einmal im Leben,  
Diesen Moment wieder umzudreh'n

Ref.

Nun bin ich wieder mit mir alleine  
in diesem fremden, fernen Land  
Ich fühl mich elend, dass ich oft weine  
Mir fehlt deine helfende Hand

Nun ist es aus, es hat keinen Sinn mehr  
Passiert ist passiert, aus und vorbei  
der Schmerz ist zu groß, ich liebte dich zu sehr  
Gescheh'n ist gescheh'n, wir sind entzwei

Marc:

Das Leben geht weiter, die Zeit bleibt nicht steh'n  
Die Wunden verheilen, du wirst es schon seh'n

Anna:

So reden die Alten, sie reden soviel  
Und tun so als wär dies alles nur Spiel

## **Szen 9**

Tankstell

11.30 Auer bis Feierowend

Anna, Marc, Claude a Loretta Freiss, e ganze Koup Touristen

*An der Tankstell ass haut der Däiwel lass. An engem Stéck kommen Touristen aus allen Häre Länner eran a froen an dienen onméiglechte Sproochen, no dienen onméiglechte Saachen...*

*D'Musek kann hei d'Optrëtter vun dienen eenzelne Länner diskret, oder och manner diskret – ënnermolen, pantomimesch Optrëtter...*

*De Marc versicht dem Anna aus de Féiss ze goën.*

*Marc: Wat ass dat haut e Betriib hei op der Tankstell.*

*Loretta: Marco, presto, presto, brauche nache Figaro.*

*Marc: Figaro, wat ass dat dann?*

*Anna: Figaro ist eine französische Zeitung.*

*Freiss: Schneller Anna, die Herrschaften wollen belegte Brötchen.*

*Däitsch Touristen : Hamn se auch Weißbier, Chef!*

*Freiss: Nee, aber den Bofferdinger, den hab ich.*

*Marc: Wat ass haut dann nëmme lass?*

*Freiss: Haut sinn d'Vakanzen ugaangen. Ganz Europa ass ënnerwee, a ganz Europa kënnt bei eis tanken. Allez, elo muss geschafft ginn. Elo muss et féx goen, da rabbelt et an der Keess.*

## **D'Lidd vum Tanken**

*All müssen se op d'Toilette*

*Iwwerall gëtt geknuutscht*

*An alle Sprooche gëtt duerchernee geschwat*

*Et gëtt och gedantz, kuerz Choreographie gi gewisen*

*Pantomimesch Szene kënne gespillt ginn, zum Beispill een, die probéiert, eppes ze klauen, eng Famill, déi décke Sträit huet, ...*

*änner den Touriste kann och de Paulo a seng Terrier sinn, déi dealen  
Zwischen de Gesangsdeeler ass vill Musek, déi d'Grondlag fir d'Choreographie  
an d'Pantomime bild*

Haut do ass der Däiweel lass  
Ei wat gött sech elo geflass  
D'Vakanze fänken iwwerall un  
Ei - d'Sue kommen an d'Keess geflunn – well jidderee wëllt Bensin féx hunn

An aus allen Häre Länner  
komme Frae mat hieere Männer  
Ganz Europa tankt bei mir  
Ei - si kommen all heihin dofir – mir loosse kee virun der Dir

- Preisen, Fransousen, Belsch a Schweden  
loosse sech vun de Präisser leeden
- Finnen, Hollänner, Polen an Iren  
kafen hei bei mir hir Schmieren
- Spuenier, Englänner a Portugiesen  
Letten, Esten an och Ostfriesen
- Norweger, Dänen an Zyprioten  
Schwäizer, Eisträicher an aner Kaoten
- siche verzweiwelt no engem Dëppchen  
a kafe genëschelt nach eng Drëppchen

Bancomaten, Postomaten, Tankomaten, Automaten, Tempomaten, Aromaten,  
Tomaten - fir all Zorte vu Primaten

Op der Tankstell kënnt Dir fannen  
Biren, Äppel a Banannen  
Wäin an Drëppen an och Béier  
Kaaft Iech Äre Journal nach séier

Rahm a Mëllech a Kachkéis  
och de Knetschgummi schmaacht faméis  
eise Likör dien ass gutt séiss  
op Bestellung kritt Dir souguer eng Héiss

Op der Tankstell kaaft Dir Äert Buch  
Iesst dobäi e gutt Stéck Kuch  
Wann Dir schweesst kritt Dir och en Duch  
Souguer de Billjee fir den Zuch

Hei kritt Dir fir Ären Handy  
eng Prepaid-Card, well dat ass trendy  
Dir sicht e Kado fir Äert Mandy  
ma da kaaft him séier e gudde Brandy

Haut do ass der Däiwel lass  
Ei wat gött sech elo geflass  
D'Vakanze fänken iwwerall un  
Ei - d'Sue kommen an d'Kees geflunn – well jidderee wëllt Bensin féx hunn

An aus allen Häre Länner  
komme Frae mat hire Männer  
Ganz Europa tankt bei mir  
Ei - si kommen all heihin dofir – mir loosse kee virun der Dir

Freiss: Sou, et ass elo Feierowend. Mir maachen zou!

Marc: Här Freiss, ech kann net méi.

Freiss: Marc an Anna, dir zwee raumt nach séier fir mar alles an a  
botzt nach eng Kéier d'Toiletten, mir maachen d'Keess, Loretta. Ei,  
wat war dat haut e Betrib.

Loretta: Avanti, avanti Claudi, contiamo i soldi.

Anna: Marc, lass mich dir erklären!

Marc: Lass mich in Ruhe!

Loretta: *op italienesch* 5000 – 5050 - 5100 - 5150 ... (cinque milla,  
...)

Anna: Es war nicht so, wie du denkst.

Marc: Ich denk überhaupt nichts.

Loretta: *op italienesch* 6500 – 6550 - 6600 - 6650 ...

Anna: Camille hat mich gezwungen.



Marc: Und ich bin der Kaiser von China.

Loretta: Porca miseria...!!!

Freiss: Loretta, Loretta, wat ass?

Loretta: Aiuto, aiuto, polizia!

Freiss: Wat ass geschitt.

Loretta: Ci mancano soldi nella cassa!!!

Freiss: Et fehle Suen an der Keess?

Loretta: Si si, fehle ville Suen an der Cassa.

Freiss: Et fehle vill Suen an der Keess? Loretta, wéivill Sue fehlen?

Loretta: 200 €!

Freiss: 200 €?

Loretta: Si, 200 €.

Freiss: Dat ass Sabotage. Elo gi mir Faillite. Police, séier, ech ruffen d'Police un. 200 €. E Verméigen. Ech ruffen den Agent vun der Assurance un. 200 €. Mäi Ruin. Ech ruffen d'Bank un.

*Hie fuchtelt mam Handy an der Luucht, d'Mme Freiss hänkt bal ohnmächtig an hirem Stull hanner der Keess. D'Anna gräift ënner de Pullover, mee et si keng Sue méi do.*

*De Marc geet a säin Appartement. D'Luucht geet aus an et gesäit een nach just d'“Blaulich” vum Polizeiauto un de Maueren.*

## **Szen 10**

Wunneng

00.30 Auer  
Marc a seng Mamm

*De Marc sëtzt an der Wunneng. Hien zäppt. Hie waart drop, datt seng Mamm heem kënnt.*

*Endlech kënnt si eran; si huet hire „Kampfanzug“ un, mat diem si probéiert, e „Mann ze fänken“. Si ass mitt.*

*Si setzt sech bei de Marc a fänkt direkt eng Zigrett un. De Marc mécht d'Télé aus.*

Mamm: Looss roueg un.

Marc: Et kënnt souwisou näischt.

Mamm: Firwat soll dann näischt kommen, mir kréien hei 56 Senderen.

Marc: Et ass iewer näischt drop, wat mech interesséiert.

Mamm: Da looss et sinn.

...

Marc: Muss du elo fëmmen ?! Die ganzen Dag die Bensinsgestank an elo den Zigarettendamp!

Mamm: Soll ech d'Fënster opmaachen?

*D'Mamm steet op a mécht d'Fënster op.*

Mamm: Ass et elo besser?

Marc: Merci, Mamm. Wéi war et den Owend?

Mamm: Esou wéi gëschter.

Marc: Also näischt!

Mamm: Ehem!

...

Mamm: So Marc, du schaffs jo elo bei deem ... Här Freiss.

Marc: - *wénkt jo*

Mamm: Wat bezillt hien dir dann esou? Wat verdings du do?

Marc: Ech hëllefe just. Ech kréie keng Suen.

Mamm: Wat?

Marc: Ech hëllefem him just.

Mamm: Spënns du?! Du schaffs do e ganzen Dag fir näischt, méchs diem seng ganz Aarbecht a kriss dofir kee Su!?!?

Marc: Esou ass et!

Mamm: Ech schwätzen emol mat diem Här. Dat ass jo Kanneraarbecht! Entweder bezillt die Kapitalist dech richtig oder du gees net méi dohinner.

Marc: Mamm, dat si menger Saachen!

Mamm: Denger Saachen, an um Enn vum Mount, wann ech him de Loyer muss bezuelen, da sinn et sécher och denger Saachen? Lauschter, deng Mamm huet keng Sue méi, si ass faillite, verstees de, an da gees du fir näischt bei die schaffen, dien Enn dës Mounts Sue vu mir wëllt!

Marc: Du verstees dat net, Mamm!

Mamm: Ma do hues du Recht, dat verstinn ech wierklech net. Wat hues du him gesticht, dass du muss bei him schaffen?

Marc: Wat soll ech him gesticht hunn?

Mamm: Ma dat ass dach net normal! Haut mécht dach kee  
Mënsch eppes fir näischt. Mar schwätzen ech mat diem ... mat  
diem ...

Marc: Du schwätz net „mat diem ... mat diem ...“ *hie mécht si no*

...

Mamm: Marc, ech weess net wéi et weidergoe soll!

...

Mamm: Kanns du net mam Här Freiss schwätzen, datt ech kënn  
bei him schaffen. Hie kënn jo de Loyer fir d'Appartement direkt vu  
menger Pei ofhalen?

Marc: Ech mengen, dat wir keng esou gutt Iddi!

Mamm: Firwat. Ech hu schonn dacks a Butteker geschafft, zum  
Beispill am Cactus, ech hunn Erfahrung, dat ass wichteg, héiers du,  
Erfahrung ass wichteg haut. Déi hunn ech!

Marc: Mamm, looss dat sinn, haut sinn 200 € aus der Keess geklaut  
ginn. Du weess wat dat heescht, ... well do hues du jo och  
Erfahrung!

...

Marc: So Mamm, ...

Mamm: Ëh ...

Marc: Verziel mir eppes vu mengem Papp.

Mamm: Marc, ech hunn dir alles vun him verzielt. Hie war e Pirat ...

Marc: ... aus Uruguay. Mamm, dat war gutt wéi ech dräi Joer hat.  
Elo wëll ech d'Wouerecht wëssen.

Mamm: D'Wouerecht? Déi wëllt all Mënsch wëssen, kee gëtt se jeemools gewuer! Mir si bestänneg ënnerwee, mee mir kommen ni do un, wou mir hiwëllen.

Marc: Looss mech mat denger Schäiss-Esoterik a Rou. Ech wëll wëssen, wie mäi Papp ass!

...

*D'Mamm hält eng Kasette. Lidd vun de Stiler: Fusioun vu klassischen Elementer, Trommelen, Blues, Jazz, Ryth'm Blues, Rock'n Roll, Rock, Chanson, Folklore, Rap, Trance, Drums'n Bass, Ambient ...*

Mamm: Kuck, déi hei hunn ech ëmmer versuergt.

Marc: Wat ass dat?

Mamm: Dat ass d'Musek vun dengem Papp.

*D'Mamm leet d'Kasette an. D'Musek geet schonns un, iwwerdeems d'Mamm verzielt. D'Musek ënnerstëtzt dat, wat d'Mamm seet, mat diene verschiddene Stilelementer. De Refrain sangen se zesummen.*

Marc: Wie war hien?

Mamm: Ech weess net, ob et méi ee schéine Mann gëtt wéi de Manuel Guitierrez, de « Pirat aus Uruguay ». Mee esou ee Mann ass net fir eng eenzeg Fra bestëmmt. Hie wollt ëmmer vill Fraen. Esou ee Mann ass och net fir eng eenzeg Famill bestëmmt, hien hat ëmmer vill Famillen, oder besser: eng ganz grouss Famill. Esou ee Mann ass net fir een eenzegt Land bestëmmt, a scho guer net fir esou ee klengt wéi Lëtzebuerg. Hie war bestänneg op der Rees, vun engem Land an dat anert, vun enger Léift bei déi aner, well ... hie war d'Léift. *Si laacht de Marc onsécher un, well si weess, datt hien dat net verstoe kann.*

## **Manuel aus Uruguay**

De Manuel wollt den Himmel heiënnen  
Hie wollt alles an hie wollt näischt  
Hie war mäi Gléck, et gouf keen Entrënnen  
Hie war mäi Leed, mäi Ruin villäicht

Hie war dat Gutt, seng Léift war onendlech  
Hie war dat Béist, et gouf keen Zeréck  
Hie war mäi Liicht, bei him war ech glécklech  
Hie war d'Däischtert, mäi ganz Ongleck

Manuel, aus Uruguay  
Du bass e Pirat vun eiser Zäit

Manuel, aus Uruguay  
Du bass eisen Held, well du bass fräi

Manuel, aus Uruguay  
Du bass eise Star, wéi jidderee gesäit

Manuel, aus Uruguay  
Du bass eist Virbild, du gesäis méi wäit

Marc: Huet hie wierklech Manuel Guterrez geheescht, war hien aus Uruguay?

Mamm: Esou huet hie mir et gesot, an dat ass mir duergaangen. Méi wollt ech net wëssen. Hätt ech méi gefrot, wir hien net bei mir bliwwen. Wéi ech e Bëbé erwaart hunn, sot hie just; „so mengem Jong, datt säi Papp de Manuel Guterrez ass, die berühmte Pirat aus Uruguay. A so him och, wann hie mech wierklech eng Kéier brauch, da sinn ech do.“

Marc: An dunn huet hie sech aus dem Stëbs gemaach. Ma bravo! An all déi Zäit hätt ech hie gebraucht, mee hie war ni do.

Mamm: Marc! ... schwätz net esou!

Marc: Ech hätt hien esou dacks gebraucht: ech hat ni ee Papp, ech weess net wéi dat ass, wann een ee Papp huet. Ech hat emol kee Bopi, d'Bom ass gescheet, an der Crèche just Fraen, an der

Spillschoul just Fraen, an der Primärschoul sechs Joer laang  
Jofferen. Et wonnert mech haut nach, datt ech net schwul gi sinn!

Mamm: Elo méchs du mir Virwërf!

Marc: Pardon Mamm, ech wollt dat net.

...

Marc: Wat huet de Papp gemaach? Wouvunner huet hie gelieft?

Mamm: Ech weess et net richteg. Hien huet allerhand gemaach,  
hie sot dacks, hie wir e Museker. Mee dat wat hien ëmmer rose  
gemaach huet, war wann hien de Radio opgemaach huet, an  
dann huet ee vu Pop oder vu Rock oder vun Jazz oder vu Blues  
geschwat. Hien huet ëmmer gesot, Musek wir eppes Lieweges, dat  
kënnt een net a Këschten an Tiräng spären.

Hie war den Himmel, meng Kraaft fir ze liewen  
Hie war meng Hell, `t konnt net schlëmmer ginn  
Hie war den Dag, en onendlecht Schwiewen  
Hie war meng Nuecht, ech hunn näischt méi gesinn

Den Dr. Jeckyll, die mech konnt heelen  
De Mr. Hyde, die mech embréngt  
Hie war mäi Frënd, konnt hien net verfehlen  
Hie war mäi Feind, wéi hie mir Äddi gewénkt

Manuel, aus Uruguay  
Du bass e Pirat vun eiser Zäit

Manuel, aus Uruguay  
Du bass eisen Held, well du bass fräi

Manuel, aus Uruguay  
Du bass eise Star, wéi jidderee gesäit

Manuel, aus Uruguay  
Du bass eist Virbild, du gesäis méi wäit

Marc: E Museker? ... Wéi eng Musek huet hie gemaach, kennen ech se?

Mamm: Ech mengen net. A senger Musek waren all déi Elementer aus diene verschiddene Këschten enthalten. A senger Musek ass de Pop an de Rapp an de R&B verschmolz. Et war herno eent. Hien huet mir stonnelaang Geschichte verzielt, ... vun der Musek: vun den Trommelen aus Afrika, vun de Melodien an Harmonien aus Europa, den Tounleedern aus Asien. Hien huet mir verzielt, wéi de Rythmus aus Afrika mat de Melodien aus Europa verschmolt sinn, wéi doraus de Blues an dunn den Jazz entstane sinn. Hie sot ëmmer, wa Leit zesumme kommen, bréngen se déi Musek, déi se am Häerz droen, mat.

Marc: Wéi huet hie seng Musek genannt? Crossover?

Mamm: Nee, hien huet se ëmmer d'Musek genannt, heiansdo huet hie vu Fusion geschwat.

Marc: Fusion!

Mamm: Jo, wëll a senger Musek alles verschmëlzt, an hien huet gesot, aus esou enger Musek ging ëmmer nei Energie entstoen. Ëmmer wann zwee Stiler sech vermëschen, entsteht eppes Neies, wat wäit iwwer déi al Deeler erausgeet.

Marc: Fusioun, wéi bei der Sonn!

Mamm: Wouhier weess du dat, hie sot dat och ëmmer...

Manuel, aus Uruguay  
Du bass e Pirat vun eiser Zäit

Manuel, aus Uruguay  
Du bass eisen Held, well du bass fräi

Manuel, aus Uruguay  
Du bass eise Star, wéi jidderee gesäit

Manuel, aus Uruguay



Du bass eist Virbild, du gesäis méi wäit

Mamm: Esou huet däi Papp d'Musek gesinn. Alles war Fusioun. Dat hei huet hien op d'Kassett drop geschriwwen: « Et si le jazz ne se résumait pas simplement à un sax ou à une trompette à la recherche d'une note blue pour allumer quelques étoiles dans les yeux d'une femme en satin? Et s'il s'agissait d'autre chose, de plus large, de plus bouleversant, de plus tellurique, qui partirait d'une toccata de Bach, s'ébrouerait dans un allégro de Mozart, s'épanouirait dans un ancestral raga indien avant de lover au creux d'une mélodie du delta du Mississippi... »

...

Marc: Wou ass hien elo?

Mamm: Ech weess et net.

Marc: Ass hien zréck an Uruguay?

Mamm: Ech weess net, ob hie jeemools an Uruguay war. Ech mengen, dat war fir hie just en anert Wuert fir säi Verlaangeren.

Marc: Uruguay ass e schéint Wuert, et huet dräi Uen ... ganz no beieneen.

Manuel, aus Uruguay  
Du bass e Pirat vun eiser Zäit

Manuel, aus Uruguay  
Du bass eisen Held, well du bass fräi

Manuel, aus Uruguay  
Du bass eise Star, wéi jidderee gesäit

Manuel, aus Uruguay  
Du bass eist Virbild, du gesäis méi wäit

## **Szen 11**

Tankstell

08.30 Auer

Marc, Anna, Laurent, Mathieu, Camille, Paulo, Celeste, Alfonso, Claude a Loretta Freiss, Inspekter Weis an e puer Polizisten

A.

*Den Inspekter Weis huet all déi, déi a Fro kënnte kommen, déi 200 € geklaut ze hunn, zesumme geruff a wëllt elo erausfannen, wien et war.*

Weis: Bonjour dir Damen an dir Hären. Dir wësst jo sécher, firwat datt ech hei sinn? Mengem gudde Frënd Claude Freiss a senger sympathescher Madame Loretta si gëschter am Laf vum Dag 200 € gestuel ginn.

*Allgemengt „Gelächter“, et ass keen do, dien diem ale Freiss dat net vergonnt.*

Weis: Wat gött et do ze laachen? 200 € sinn 200 €, och wa fir dien een oder anere vun eis, ... also vun iech, et schingt, wéi wann 200 € eng lächerlech Zomm wir, wéi wann et sech net ging lounen, fir fir 200 € iwwerhaupt nach eng Enquête ze lancéieren, also d'Police ze beméien.

Paulo: Hé M'sieur l'inspecteur, nous on est Français, vous voulez nous discriminer ? On se fait accuser d'avoir volé 200 €, et on ne comprend même pas c'que vous dites.

Weis: Ah, le Monsieur Paulo, nous, on se connaît, mon ami. On avait déjà le plaisir, toi et moi, n'est-ce pas? ... *Hie wend sech un e Polizist Grethen, du iwwersetz diem Här do alles op franséisch!*

Grethen: Op franséisch?

Weis: Jo, op franséisch, verstees du kee Lëtzebuergesch?

Grethen: Dach, Här Inspekter, Lëtzebuergesch verstinn ech ganz gutt.

Weis: Maja, dann elo weider. Also, wou ware mir stoe bliwwen.

Grethen: Bien, alors maintenant en avant. Où est-ce que nous nous sommes arrêtés?

Weis: Gesäis de Grethen, dat geet dach!

Grethen: Tu vois Grethen, ça marche!

Weis: Mir hei zu Lëtzebuerg kënnen net weider een A op dat anert zoudrécken.

Grethen: Nous ici en Luxembourg, nous ne pouvons pas fermer un oeil sur l'autre.

Weis: Dofir hu mir elo decidéiert, alle Strofdoten nozekommen, also och déi klengste Fäll opzedecken.

Grethen: Maintenant, nous avons décidé de suivre toutes les punitions, c'est-à-dire de découvrir aussi les petits cas.

Paulo: Qu'est-ce qu'il dit l'enculé?

Weis: Huet also ee vun lech Herrschaften, iergend eppes Opfälleges bemierkt, dat zur Opklärung vun diem Fall kënnt bäidroen?

Camille: Entschëllegt, Här Weis, wann ech Är Enquête ënnerbriechen, mee meng Frëndin Anna hei ass aus Polen, an hatt versteet nëmmen Däitsch; kënnt Dir him vläicht déi wichtegst Saachen iwwersetzen, soss kann hatt sech kee kloert Bild maachen.

Weis: Aus Polen, a sou. An hatt versteet just Däitsch?

Camille: Genau, just Däitsch ... an natierlech Polnesch, Här Weis, wann dir him alles kéint op polnesch ...

Weis: So méchs du de Geck mat mir Fissi? *Hie brëllt de Camille un.*

Paulo: Hé M'sieur l'inspecteur... nous, on se sent discriminé et mis sous pression lorsqu'on vous engueule les copains de Paulo comme ça en luxembourgeois.

Weis: Ok, Mergen, Dir iwwersetzt simulant op däitsch.

Mergen: Op däitsch, nee - dat man ech net, mäi Bop war an der Resistenz, a wann die gewuer gëtt, datt ech hei am Dingscht Preisesch schwätzen, da sinn ech entierft.

Weis: Mäi Gott Mergen, dat sinn dach schonns 60 Joer hier! Mee egal, ... Da Cunha, du méchs dat!

Da Cunha: Monsieur Weis, meng Eltere si Portugis, ech war net esou gutt am Däitschen an der Schoul.

Weis: Dat ass mir elo egal, du iwwersetz elo alles op däitsch wat ech hei soen.

Da Cunha: Ok Chef!

Weis: Dann nach eng Kéier: Huet ee vun Iech Herrschaften, iergend eppes Opfälleges bemierkt, dat zur Opklärung vun dësem komplizéierte Fall kënnst bäidroen?

Grethen: Alors maintenant encore une fois: Est-ce que quelqu'un parmi les mesdames et messieurs a remarqué quelque chose qui peut apporter à l'éclairage de ce cas compliqué?

Da Cunha: Also noch eine Mal: Hat eine von ihr Errschaften irgende etwas das Auffällige bemerkt, das elfen kann, komplizierte Fall aufklären.

Weis: Gutt Da Cunha!

Grethen: Bon Da Cunha!

Da Cunha: Gut Da Cunha!

Weis: Hutt Dir eppes Aussergewöhnlech gesinn, héieren? Huet iech gëschter eppes verwonnert?

Grethen: Est-ce que vous avez vu quelque chose extra? Avez-vous miraculé hier quelque chose?

Da Cunha: Habt Ihr Außerirdische gesehen? Ist eine Wunder geschehen?

*De Weis mécht eng Paus. Kee meld sech...*

Weis: An elo wëllt, wéi ëmmer, keen eppes dovunner wëssen!

Grethen: Et maintenant veut, comme toujours, personne savoir quelque chose.

Da Cunha: Und nun will immer keiner es gewesen sein.

Freiss: Här Weis, esou komme mir net virun.

Weis: Ma do hutt Dir vollkomme Recht, Här Freiss. A wat soll ech dann do maachen?

Freiss: Här Weis, Dir kënnt et net wëssen, mee meng Fra ass aus Italien. A si versteet net, wat Dir sot, verstitt Dir, dofir ka si lech net äntweren.

Weis: An da mengt Dir Här Freiss ...

Freiss: Jo Här Weis, genee, mir missten hir alles, wat Dir sot, op italienesch iwwersetzen.

Weis: *Dréit sech ëm a stécht de Kapp zwëschen d'Hänn* An diem houere Lëtzebuerg kanns du emol keng 200 € méi erëmfannen. Nach véier an en halleft Joer bis d'Pensioun, an da geet et op d'Belsch Plage, dat ass déi eenzeg Plaz, wou se nach iwwerall Lëtzebuergesch verstinn. *Hien dréit sech nees zrëck* Also, dir Hären, ass een heibannen, dien Italienesch schwätze kann?

*E Polizist meld sech.*

Weis: Dir, Kraemer, a wouhier kënt Dir Italienesch?

Kraemer: Meng Fra an ech, mir ginn elo well zanter genee 34 Joer op Ventimiglia *hie betount de g* an d'Vakanz. Do hunn ech alt esou dat wichtegst geléiert.

Weis: Ma dat ka mir elo eppes ginn. *Hie wend sech un die ganze Grupp* Ass soss nach een, dien eng lwwersetzung brauch?

Grethen: Est-ce que quelqu'un a besoin d'une autre traduction?

Da Cunha: Ist sonst noch einer der Übersetzung gebrauchen?

Kraemer: Besoigno traduction?

*Kee meld sech.*

Weis: Also, Madame Freiss, da verzielt emol, wat Dir gëschter bemierkt hutt.

Kraemer: Eco, signora Freiss, que se passi hieri?

Loretta: *hëlt déif Loft, kuckt eng Kéier em sech a leet da lass* Allora Signore Weis, adesso abbiamo vacanze, e poi viene molta gente alla nostra aera di servizio perché ha bisogna di moltissima bensina per continuare colla macchina. Hieri abbiamo avuto un giorno così. Almeno mille clienti con centaio macchine. E tutti hanno comprato la bensina qui. Grande confusione! Lunghe code davanti alla aera. Molta gente ha dovuto aspettare lunghissimo. E tutti volevano andare ai toiletti. Sì, tutti! Ho dovuto pulire quattro volte i toiletti. E poi tutti i giovani, stiano dappertutto bacciandosi, che sporchi! Potessero farlo almeno nelle macchine sue! Ma no, vengono da tutti i paesi dell'Europa intero, del mondo intero! Che tempi! In sera, quando stavo contare i soldi, 200 € mancavano. Sì, 200 € non stavano piu qui e ho dovuto pulire i toiletti quattro volte.

Kraemer: D'Madame Freiss huet just verzielt, datt si gëschter 200 € geklaut kuet.

...

Weis: Soss näischt? ... Nee, et ass och gutt, merci Kraemer, fir déi wonnerbar Iwwersetzung.

Paulo: Qu'est-ce qu'elle a dit, la vieille Freiss, on a de nouveau pas besoin de savoir ça ??? Sûr qu'elle nous a une fois de plus accusés, comme toujours. Nous, on est quand même toujours les idiots.

Weis: A nee, dat do geet ze wäit. Esou komme mir net virun. D'Enquête ass virleefeg agestallt. Mir gesinn eis spéider erëm, eenzel, an all Kéier mat engem ausgebildten Iwwersetzer. Hutt Dir dat wéinstens all verstan?

Paulo: Qu'est-ce qu'il raconte celui-là?

Weis: Ma dir kënn mech am Aasch lecken!

Kraemer: Här Weis, ech mengen dat gött ze deier.

Weis: Wat soll dann do ze deier ginn? Ech brauch just d'Box erozfestrëppen.

Kraemer: Nee, Här Weis, net d'Lecken, d'ausgebildten Iwwersetzer. Fir 200 € kënne mir keng Iwwersetzer astellen.

Weis: Kraemer, ech gesinn, a véier Joer wëlls du meng Plaz, gutt, ganz gutt, maach esou weider, da kriss du se bestëmmt.

*D'Poliziste maache sech eraus.*

Weis: Allez, äddi alleguer a bis geschwënn.

Grethen: Allez, au revoir tout le monde, et à bientôt.

Da Cunha: Alle Mann im Gleichschritt Marsch, zwo drei, vier...

Kraemer: Avanti tutti, vino rosso et pastaschutta...

## Wann ech net Flic wir

Wann ech net Flic wir, da wir ech Tropeforscher  
An ech ging a vill friem Länner reesen  
Mat mengem Kompass a mengem Papagei  
Mat villen Dickelcher an d'Mongolei  
(Mee leider sinn ech bei der Polizei)

Wann ech net Flic wir, da wir ech Leuchtturmwärter  
An dofir bestëmmt kee Kostverächter  
Am décke Stuerm virun Nordernei  
ging ech spillen op menger Bassgei  
(Mee leider sinn ech bei der Polizei)

Wann ech net Flic wir, da wir ech Schaaschtechbotzer  
An ee ganz iwwerzeegte Leederbenotzer  
mat enger Biischt klammen ech op all Gebei  
an de Kamäin zitt da wéi nei  
(Mee leider sinn ech bei der Polizei)

Wann ech net Flic wir, da wir ech Doudegriewer  
Mat enger Schëpp a mat geschwollner Liewer  
Da léichen déi Doudeg schéi propper an der Rei  
Tiptop erausgefiizt am sondesse Gezei  
(Mee leider sinn ech bei der Polizei)

Wann ech net Flic wir, da wir ech Nervendokter  
An der Klinik wir ech dann die grouse Schocker  
Meng Patienten, déi aarm omeiomei  
Déi hätten se net an der Rei  
(Mee leider sinn ech bei der Polizei)

Wann ech net Flic wir, da wir ech Scheedungsriichter  
Da geséich ech all Dag nei Gesiichter  
Ganz vill Leit kéimen dann a meng Kanzlei  
A wa se ginn, si se nees „ganz frei“  
(Mee leider sinn ech bei der Polizei)

Wann ech net Flic wir, da wir ech Schräinermeeschter



E gudde Frënd vun alle Miwwelgeeschter  
Huwwel, Neel a Brieder eins, zwei, drei  
Schaffen ech a menger Schräinerei  
(Mee leider sinn ech bei der Polizei)

Wann ech net Flic wir, da wir ech Futtballspiller  
No all Gol ging ech weise meng Gefiller  
Eng rout Kaart, dat wir guer net an der Rei  
dat wir schonns eng riseg Schwéngerei  
(Mee leider sinn ech bei der Polizei)

Mee am Fong an eigentlech  
Ass et guer net fierchterlech  
Flic ze sinn ass dach ganz flott  
Dag fir Dag die gläichen Trott

Lauschtert no et ass dach kloer  
Spléckt dach net dat leschten Hoer  
Mir sinn esou gär bei der Polizei  
well dat mécht Spaass, ei ei ei ei...

*D'Poliziste si fort.  
De Paulo geet bei de Marc.*

Paulo: Ce soir, Paulo viendra chez toi, mec. N'oublie pas le cadeau.

*De Camille kënnt hannendrun.*

Camille: Vergiess de Kado net; ech mengen, de Paulo hätt dat guer net gär. *Hie gräift d'Anna mat der Hand* Komm, Süße, dann wollen wir mal.

*D'Anna rappt sech lass.*

Anna: Lass mich, ich muss arbeiten.

Camille: Kee Problem, kee Problem, ech wëll kee vum Schaffen ofhalen.

*Hie geet.*

Camille: Salut ... Kolleg, bis den Owend!!!

B.

Anna: Marc, ich muss mit dir reden.

Marc: Anna, da gibt es nichts zu reden. Was gesagt werden musste ist gesagt.

Anna: Ich hab die 200 € gestohlen.

Marc: Was sagst du da?

Anna: Ich hab das Geld gestohlen.

Marc: Warum?

Anna: Für dich, Marc, damit du Geld hast, für Paulo. Der wird dich umbringen, wenn du nicht bezahlst.

Marc: Der wird mich schon nicht gleich umbringen.

Anna: Du kennst Paulo nicht.

Marc: Wo ist das Geld, wir müssen es zurück geben.

Anna: Es ist weg.

Marc: Wie weg?

Anna: Es ist verschwunden. Als Camille mich vorgestern in der Nacht bedrängte. Er hat gesehen, dass ich das Geld gestohlen hatte. Dann wollte er mich erpressen und hat mich gezwungen, ihn zu küssen. Als du dann kamst, war ich so verzweifelt, und hab nicht mehr an das Geld gedacht. Später war es weg.

Marc: Camille!?

Anna: Ich weiß es nicht.

Marc: Da bin ich mir sicher, Camille hat dir das Geld genommen, als er dich küsste.

Anna: Ich weiß nicht...?

Marc: Eins steht fest: das Geld ist in dem Augenblick verschwunden, als Camille dich an sich gedrückt hat. Wir müssen zu Weis.

Anna: Nein, das dürfen wir nicht.

Marc: Warum? Wir müssen zur Polizei.

Anna: Die werden uns immer als Verräter behandeln. Auch Paulo wird nicht zulassen, dass wir seinen Freund Camille beschuldigen. Außerdem habe ich kein Vertrauen in die Polizei ... also in diese Polizei! Nach dem Auftritt! ... Die werden uns nicht helfen können.

Marc: *schaut vor sich ins Leere* Einar sagte einmal, „jeder Europäer ist immer auch schon ein Übersetzer“. Ich habe nie gewusst, was er damit meinte. Er war Übersetzer, „interpreter“, wie er sagte, doch jetzt verstehe ich ihn. Und das würde logischerweise bedeuten, dass jeder, der nicht übersetzt, auch kein Europäer werden kann!

Anna: Was redest du da?

Marc: Ach, Anna, dummes Zeug, nur dummes Zeug. – Anna, hast du wirklich das Geld für mich gestohlen?

Anna: Hättest du es nicht für mich getan?

Marc: Doch Anna, ich hätte genau das gleiche getan!

Ref: Anna a Marc zusammen

Du würdest für mich - doch auch alles tun

jede Lüge verzähl'n und übers Wasser gehn

Du würdest für mich – auch nicht eher ruh'n

bis alles vorbei und fest zu mir stehn

Und wenn ich dich bräucht, sicher würdest du dann  
keinen Augenblick vertun, um bei mir zu sein  
Du würdest für mich – nicht nur dann und wann  
über Wolken geh'n, denn du wärst ganz mein

Marc: Stell dir vor, das Leben wär einfach

Anna: Wie der leichte Wind am Meer

Marc: Wie der Regenbogen am Abend

Anna: Marc, ich liebe dich so sehr

Anna: Stell dir vor, das Leben wär einfach

Marc: Wie die Wüste einfach und leer

Anna: Wie die Morgensonne im Nebel

Marc: Anna, ich liebe dich so sehr

*Ganz schei kommen déi zwee sech méi no, fir sech e Kuss ze ginn,  
mee da kënnt de Freiss...*

Freiss: Dajee, dir zwee, gött haut net geschafft?! Esou kréie mir déi  
200 € net méi eran.

## **Szen 12**

Garage

00.30 Auer

Marc, Anna, Laurent, Mathieu, Camille, Paulo, Celeste, Alfonso

A.

Mathieu: Héi Wichser, ass den Owend hei näischt lass?

Laurent: Mach emol lues, Alen. Et ass elo halwer eng. Virun eng Auer geschitt hei näischt, mee dono geet et rond.

Mathieu: Mir misste kucken, och emol mat eisem Film weiderzekommen.

Laurent: „Das Eisenstangenmonster“ huet Zäit. Mee dat wat hei geschitt, dat wëllen d'Leit gesinn. Mir maachen eng Doku-Soap draus. D'Leit froe sech zum Beispill, wien déi 200 € huet, ob de Camille oder de Marc d'Anna kritt, ob de Paulo de Marc platt mécht oder net. Da kënne si hir Meenung eran smsen, fir 0,49 Euro d'SMS, dat gëtt voll cool!

Mathieu: Héi Alen, de Marc ass dach eise Kolleg, musse mir him net hëllefen?

Laurent: Héi Wichser, du bass dach kee Läppchen! Dat ass dach alles nëmme e Spill, dat kënnt um Fernseh, verstees de, dat ass net d'Wierklechkeet.

*De Marc kënnt d'Trapen erof.*

Mathieu: Héi, so him, e soll sech net opreegen, et ass nëmme fir de Fernseh.

Laurent: Sou, dann hal elo mol schéin de Mond a pak d'Kamera aus! ... *De Mathieu geet a mécht et* Salut Marc, a Form haut?

Marc: Salut, wat soll dat hei iwwerhaapt? Ech wollt elo just schlofe goen, mee de Camille steet viru menger Fënster a geheit Steng erop.

Laurent: Hues du vläicht vergiess, dass du e Rendez-Vous mam Paulo hues?

Marc: Wat hunn ech mat diem Paulo ze dinn? Die soll mech klibberen. Ech kennen dien iwwerhaapt net.

Laurent: Ma du hues en dach scho kenne geléiert. Die spaasst net, mäi léiwen Alen. Hues du déi 200 €?

Marc: A wouhier soll ech dann elo op eemol 200 € hunn?

Laurent: Ma du hues dem Freiss se dach geklaut, gezoppt, geschuppt, oder... ?

Marc: Ech? So hues du se nach all?

*De Mathieu kënnt erëm.*

Mathieu: Sou, alles prett, de Spektakel ka lass goen.

Marc: Wéi ee Spektakel?

Mathieu: Héi, so him wéi ee Spektakel.

Laurent: Héi, Marci, stell dech net esou blöd!

*An diem Moment kënnt de Camille eran.*

Camille: Salut Männer. Hutt der alles opgeriicht? Et huet een net all Dag d'Chance, esou ee Film ze dréien.

Marc: Wou sinn déi 200 €?

Camille: Wéi eng 200 €? Schaffs du elo fir de Weis?

Marc: Du weess ganz genoe, wat ech mengen! Déi 200 €, déi s du dem Anna geklaut hues.

Camille: Ech soll geklaut hunn?! Nu maach emol e Punkt! Du weess ganz genau, wien hei geklaut huet, an du weess och firwat hatt geklaut huet.

Marc: Wou sinn d'Suen?

Camille: Ah, dir geet elo den Aasch, well de Paulo mat sengen Terrier an e puer Minutten optaucht! An da soll ech dir aus der

Patsch hëllefen. Ma du bass gutt geroden, ... Wichser! Soll ech dir emol soen, wéi et wierklech ass: D'Anna, déi kleng, brav, onschëlleg, polnesch Louder, huet dech ugeschass. Hatt huet sech d'Suen ënner den Noll gerass, hatt wëllt dir se net ginn. An elo verzielt hatt, ech hätt se! Esou ass dat, hues de verstanen, esou ass dat, hahaha!

Mathieu: Héi Kolleg, wat schwätzen déi zwee?

Laurent: Ech hu keng Ahnung, mee wann s du net geschwënn déi houere Kamera uméchs, da wäers du mech emol kenne léieren!

Marc: Wou sinn d'Suen?

*Elo ass d'Kamera un, an alles gëtt gefilmt, et gesäit een et op dier grousser Leinwand.*

## **D'battert Enn kënnt ëmmer méi no**

*De Marc leeft dem Camille duerch déi ganz Garage no, et kënnt zu enger richteger Verfolgungsjagd duerch d'ganz Kulissen. De Camille lackelt de Marc an zeckt en, de Marc gëtt ëmmer méi rosen, de Laurent an de Mathieu stëppelen nach a filmen alles...*

Marc: Camille, dat hätt ech net vun dir geduecht

Laurent a Mathieu: Wat gëtt dat eng Nuecht, huel dech an Uecht

Marc: Du wolls d'Anna just ausnotzen

Laurent a Mathieu: Haut ass et net fir d'Blat ze botzen

Marc: Du hues d'Suen, géff et zou

Laurent a Mathieu: Looss de Camille net mat Rou

Marc: Du hues eis all erageluecht

Laurent a Mathieu: Ei, nach ass net eriwwer dës Nuecht

Camille: Wou sollen d'Suen dann nëmme sinn

Laurent a Mathieu: Mir hunn nach keen Cent gesinn

Camille: Ma da kuck, meng Täsch ass eidel

Laurent a Mathieu: Camille, du bass e richtege Fatzbeidel

Camille: Wanns du d'Sue gären hues

Laurent a Mathieu: Allez Marc, maach elo net lues

Camille: Dann huel der se mäi klengen Hues

Laurent a Mathieu: Dajee Marc, schlo en op d'Nues

Ref.:

Marc: Du hues eis all schéin hannergaangen  
An hues dech bei Gefor geduckt  
Mee geschwë bass du gefaangen  
Hues dach just no dir gekuckt

Camille: Déi kleng Polin ass nëmmen hann'rëm Frick  
D'battert Enn kënnt ëmmer méi no  
Ech kréien iech all, de Freiss an och de Flick  
An de Paulo ass gläich do

Laurent a Mathieu: Dajee, dajee, da gitt emol richtig Gas  
Dir sidd elo dach net scho mitt  
Op d'allermannst bäisst ee vun iech an d'Gras  
Mir hätte gär, datt eppes geschitt

Marc: Mech hues du och beim Paulo ugeschass

Laurent a Mathieu: Allez Marc, géi op de Camille lass

Marc: An d'Anna wollst du zur Léift zwéngen

Laurent a Mathieu: Fir ze ëntkommen, soll kengem geléngen

Marc: 200 Euro hues du him gestuel

Laurent a Mathieu: Dann zeklappt iech wuel, zerklappt iech wuel



Marc: A mam Film wolls du dech bretzen

Laurent a Mathieu: Allez Marc, du muss hie méi hetzen

Camille: Du schwätz vu Léift, déi hunn ech laang begruewen

Laurent a Mathieu: An eise Film ass nach glat kee gestuerwen

Camille: Du schwätz vu Frëndschaft, déi hunn ech ni gekannt

Laurent a Mathieu: Geschwënn hues du him eng zolitt gerannt

Camille: A mengem Liewen zielt just d'Resultat

Laurent a Mathieu: An him nach eng an d'Schnëss geklaakt

Camille: A wat ech ophiewe kann um Bancomat

Laurent a Mathieu: Wann elo näischt geschitt hu mir es sat

Ref.:

Marc: Du hues eis all schéin hannergaangen  
An hues dech bei Gefor geduckt  
Mee geschwë bass du gefaangen  
Hues dach just no dir gekuckt

Camille: Déi kleng Polin ass nëmmen hann'rëm Frick  
D'battert Enn kënnt ëmmer méi no  
Ech kréien iech all, de Freiss an och de Flick  
An de Paulo ass gläich do

Laurent a Mathieu: Dajee, dajee, da gitt emol richtig Gas  
Dir sidd elo dach net scho mitt  
Op d'allermannst bäisst ee vun iech an d'Gras  
Mir hätte gär, datt eppes geschitt

All: D'battert Enn kënnt ëmmer méi no  
An de Paulo ass gläich do

B.

*Um Héichpunkt vum Lidd gött de Marc op eemol vun zwou Gestalte vun hanne gepaakt. Et sinn zwee Terrier vum Paulo. Et bleift weiderhin eng onheemlech Begleitmusek hanner allem wat se elo soen. De Celeste an den Alfonso stinn zur rechter an zur lénker Säit vum Marc, de Paulo steet virun him.*

Paulo: Salut copain. Paulo est content que tu sois venu au rendez-vous.

Marc: -

Paulo: Hé mec, t'as pas besoin de parler avec Paulo? Il t'a fait quelque chose ?

Marc: -

Paulo: Tu ne dis rien? C'est bien aussi, Paulo ne sait pas blairer les beaux-parleurs qui ne savent pas tenir leur langue ! Mais tu te souviens sûrement ce que tu m'avais promis ?

Marc: Ech hat dir ni eppes versprach!

*De Celeste hummert dem Marc d'Fauscht an de Mo.*

Paulo: Hé Celeste, plus doucement, ne fais pas mal à mon pote Marc, - tu t'appelles donc Marc ?

Marc: -

Paulo: Mais t'as mauvaise mémoire, t'avais promis quelque chose à Paulo.

Marc: Dat ass net wouer, an du weess dat genau!

*Den Alfonso hummert dem Marc d'Fauscht an de Mo.*

Paulo: Oh, Alfonso, doucement, doucement. Mais Paulo est un bon garçon, il va t'aider à te souvenir. La dernière fois qu'on était ici ensemble, t'as dit que t'étais le copain de Paulo. Est-ce que c'est vrai ?

Marc: Dat hunn ech ni gesot!

*De Celeste hummert dem Marc d'Fauscht an de Mo.*

Paulo: C'est vrai???

Marc: -

*Den Alfonso hummert dem Marc d'Fauscht an de Mo.*

Marc: D'accord, je l'ai dit. Déi zwee mussen de Marc unhalen, soss ging en zesumme brieche.

Paulo: Tu vois copain, ça te revient. Après t'as dit qu'on fait un cadeau à un copain. Ensuite t'as dit que t'allais apporter aujourd'hui un cadeau à ton copain Paulo.

Marc: Dat ass net wouer!

*De Celeste hummert dem Marc d'Fauscht an de Mo.*

Paulo: C'est pas vrai? *Spillt dien Erstaunten*

*Den Alfonso hummert dem Marc d'Fauscht an de Mo.*

Marc: Oui, oui, c'est vrai. Je l'ai dit.

Paulo: Hé connard, t'es un bon copain de Paulo !

*De Paulo mécht en Zeechen, datt déi zwee de Marc solle lassloossen. De Marc kippt no vir a bleift um Buedem leien. De Paulo stellt sech nieft de Marc, zitt him mam Buuscht d'Gesicht an d'Luucht, esou datt hien dra kucke kann. Da seet hie ganz haart a ganz daitlech:*

Paulo: Il est où ... le cadeau de Paulo, ... copain?

Marc: -

Paulo: Paulo s'est déplacé dans ce trou à rats pour venir chercher son cadeau que tu lui avais promis d'apporter. Alors copain, il est où le cadeau de Paulo ?

Marc: Je ne l'ai pas.

Paulo: Excuse copain, Paulo n'a pas bien compris, qu'est-ce que t'as dit?

Marc: Non di djö, ech hunn däin houere Kado net !

Paulo: *rëselte de Kapp* Paulo n'a toujours pas bien compris. *Gëtt dem Alfonso an dem Celeste en Zeechen.*

*Déi zwee fänken u mat de Féiss op de Marc ze trëppelen, die virun hinne läit. No e puer Ablécker mécht de Paulo nees een Zeechen, déi zwee halen op.*

Paulo: Alors mec, Marc – où comment tu t'appelles – donne le cadeau à Paulo ... maintenant!

Marc: -

*De Paulo mécht nees en Zeechen, an déi zwee wëllen nees ufänken.*

*An diem Moment kënnt d'Anna.*

Anna: Stopp, stopp. Er hat das Geld nicht.

*Alles kuckt op d'Anna.*

Paulo: Ca veut dire quoi? Qu'est-ce qu'elle veut ?

Celeste: *iwwersetzt* Elle dit qu'il n'a pas le fric.

Paulo: Qu'est-ce que tu viens de dire?

Anna: Ich sagte, dass er das Geld nicht hat.

Celeste: Il n'a pas le fric.

Anna: Ich habe das Geld in der Kasse vom Freiss gestohlen.

Celeste: Elle dit qu'elle a volé l'argent de la caisse de Freiss.

Anna: Dann wollte ich Marc die 200 € geben.

Celeste: Elle voulait donner les 200 à Marc

Anna: Aber Camille hat mir dabei zugesehen, und mir das Geld abgenommen.

Celeste: Camille l'a observée et lui a volé l'argent.

*Musek aus ! De Paulo dréit sech ëm a kuckt op de Camille. Dien ass direkt onroueg ginn a kuckt vun engem zum aneren.*

Camille: Héi Paulo, qu'est-ce que tu penses.

*De Paulo kënnt op de Camille zou. De Camille wëllt no hanne goen, mee dem Paulo seng Terrier maachen de Fluchtweg ëmmer nees zou a schubsen de Camille no vir.*

Camille: Non, Paulo, ne crois pas la petite Polonaise, ... je n'ai pas l'argent, c'est Marc qui l'a ... ne crois pas cette sale pute ...

*De Paulo gëtt dem Alfonso een Zeechen. Dien zitt säi Messer a geet lues op de Camille duer. De Camille leeft elo ëmmer méi séier vun engem Eck vum Raum an dien aneren, mee gëtt ëmmer nees vun dem Paulo sengen Terrier zrëckgestouss.*

Paulo: T'as l'fric ?! Où est-ce qu'ils sont, les 200 ?

Camille: Non, Paulo, je te le jure, je n'ai pas l'argent.

*Mat engem verzweiwelte Saz versicht de Camille ze ëntkommen, mee hie gëtt nees zrëck an d'Mëtt vum Krees ronderëm hie gestouss, des Kéier iever direkt... am Alfonso säi Messer.*

*De Camille kuckt den Alfonso, dann de Paulo an dann nees den Alfonso mat groussen Aen un.*

Camille: Héi, Alfonso, Kolleg, wat méchs du mat mir?

*Da fällt hien no vir op d'Knéien.*

Camille: Esou war dat net geplangt, Anna! De Camille kuckt ëm sech. Esou war dat net geplangt Kollegen. Ech wollt dach just e bessert Liewen. Ech wollt och esou si wéi dir.

*Hie probéiert nach eng Kéier opzestoen, mee et gélangt him net.*

Camille: Mee elo sinn ech net alleng. Ech war e Liewe laang alleng! Keen huet sech fir mech interesséiert, mee elo sinn ech net alleng. Elo, bei mengem gréissten Optrëtt, sinn all meng Kollegen do.

*Hie laacht zefridden a kippt da mam Gesiicht no vir op de Buedem.*

*E Moment total Rou, d'Belichtung just op dem Camille säi Kierper geriicht. D'Luucht gëtt ëmmer méi rout. Eng lues, berouegend an iever bedrohlech Musek ...*

*Um groussen Ecran erschingt elo jiddereen a seet, wat him am Moment duerch de Kapp geet. Jidderee stellt sech als Mënsch vir a seet, wat seng Hobbie sinn. Esou kritt d'Szen eng gewëss Surrealitéit duerch d'Banalitéit vun den Aussoen.*

Anna: Ich heiße Anna Wilkowsky, geboren in Warschau, Nationalität: Mensch, wohne heute in Luxemburg. Meine Hobbys sind Physik - vor allem das Universum.

Marc: Ech heesche Marc Schmitt, gebuer zu Lëtzebuerg, Nationalitéit: Mënsch, wunnen nach ëmmer zu Lëtzebuerg, meng Hobbien: Musek lauschteren, soss eigentlech näischt

Paulo: Je m'appelle Paulo da Fonseca, je suis né à Porto, Nationalité: Homme, j'habite pour le moment le Luxembourg,

avant, j'étais à Strasbourg, je m'intéresse au football, à la musique et aux livres, oui, - aux livres!

Mathieu: Ech heesche Mathieu Leconte, gebuer zu Metz, Nationalitéit: Mënsch, wunnen elo zu Lëtzebuerg, mäin Hobby ass de Kino: Filmer: kucken ... an dréien...

Céleste: Ech heesche Céleste Gruber, gebuer zu Santander, Nationalitéit: Mënsch, wunnen zu Lëtzebuerg, meng Hobbie si Futtball a Musek.

Laurent: Ech heesche Laurent van der Pool, gebuer zu Maastricht, Nationalitéit Mënsch, wunnen zu Lëtzebuerg, meng Hobbien, wéi beim Mathieu: Filmer.

Alfonso: Ech heeschen Alphonse Melchior, gebuer zu Léck, Nationalitéit: Mënsch, wunnen zu Lëtzebuerg, meng Hobbie si Fernseh, Musek a Kampfsport, Karate, Judo - an esou...

Anna: Ich kam her, um frei zu sein. Ich wollte Geld verdienen, nicht des Geldes wegen, sondern um so zu leben, wie ich es mir wünschte, vorstellte. Polen, meine ferne, arme, zerbrechliche Heimat ... - was gäbe ich dafür, jetzt zu Hause zu sein, bei meiner Mutter, meinem Vater. - Aber **das** habe ich nicht gewollt!

All-Ref:     Bis elo war alles e Spill  
                 mir ware jonk a mir wollte vill  
                 d'ganzt Liewe louch virun eis nach  
                 am Spill gouf all Regel gebrach  
                 D'Realitéit huet eis lo kritt  
                 et ass e schlëmmt Ongléck geschitt  
                 erwuesse sinn war just nach e Schrëtt  
                 mee esou wollte mir dat net

Marc: Einfach en normaalt Liewen, esou wéi all déi aner, dat wollt ech ëmmer hunn. Mee et ass net gaangen, war et wéinst menger Mamm ... oder mengem Papp, dien ech ni kannt hunn? Ech weess et net. Ech wollt een Doheem hunn, eng Zukunft, déi ech mir virstelle konnt, déi ech selwer opbaue konnt. - Mee **dat** hat ech net gewollt!

All-Ref:     Bis elo war alles e Spill  
                 mir ware jonk a mir wollte vill  
                 d'ganzt Liewe louch virun eis nach  
                 am Spill gouf all Regel gebrach  
                 D'Realitéit huet eis lo kritt  
                 et ass e schlëmmt Ongléck geschitt  
                 erwuesse sinn war just nach e Schrëtt  
                 mee esou wollte mir dat net

Laurent: Am richtege Liewe fehlt déi dramatesch Filmmusek, do geschitt alles ouni Tounspuer, ouni d'Sécherheet, ouni d'Zouversiicht an d'Gewëssheet, datt herno alles gutt ausgeet ...

Mathieu: ... dat richtegt Liewen ass anescht wéi de Fernseh, wéi de Film, dat richtegt Liewen ass friem. Do geschéie Saachen, déi kee Sënn erginn ...

Laurent: ... wou mir de Sënn net verstinn. Ech wollt dach just Filmer dréien, weider näischt ...

Mathieu: ... spille mat der Wierklechkeet. Mir eng Zukunft erfannen. Se sou schafen, wéi ech se wollt ...

Laurent: ... ech wollt, datt d'Liewen ee grouse Film sollt sinn ...

Mathieu: ... ech wollt, datt d'Wierklechkeet nëmmen eng Virstellung sollt sinn, eng Fiktioun ...

Laurent: Mee **dat** hat ech net gewollt!

All-Ref:     Bis elo war alles e Spill  
                 mir ware jonk a mir wollte vill  
                 d'ganzt Liewe louch virun eis nach  
                 am Spill gouf all Regel gebrach  
                 D'Realitéit huet eis lo kritt  
                 et ass e schlëmmt Ongléck geschitt  
                 erwuesse sinn war just nach e Schrëtt  
                 mee esou wollte mir dat net

Paulo: Oui, en fait je parle quelques mots en luxembourgeois, je le comprends même très bien. Mais je préfère le français. Le français



me rassure, me donne de la sécurité, ... un foyer, quoi. Je voulais être comme tous les autres, dans ce pays froid, étroit ... étrange. Mais je n'avais jamais la chance de le faire. J'étais toujours Paulo, le dangereux, le malin, le gangster, et soudain, ça me faisait plaisir d'être « le grand méchant Paulo ». Mais **ça**, je ne voulais pas!

All-Ref:    Bis elo war alles e Spill  
              mir ware jonk a mir wollte vill  
              d'ganzt Liewe louch virun eis nach  
              am Spill gouf all Regel gebrach  
              D'Realiteit huet eis lo kritt  
              et ass e schlëmmt Ongléck geschitt  
              erwuesse sinn war just nach e Schrëtt  
              mee esou wollte mir dat net

Céleste: Meng Elteren hu mech ëmmer gutt erzunn; vum Himmel geschéckt wir ech, soten si. Mir ass et gutt gaangen, ech hu gutt geléiert, mee dat war mir op eemol ze langweileg. Ech wollt eppes erliewen, ech wollt mech net bestueden, Kanner kréien a mech dann nees scheede loosse, esou wéi se et all maachen. Ech wollt een extrat, e besonnescht Liewen. Dofir hunn ech mech doheem aus dem Stëbs gemaach. Mee **dat** do wollt ech net.

All-Ref:    Bis elo war alles e Spill  
              mir ware jonk a mir wollte vill  
              d'ganzt Liewe louch virun eis nach  
              am Spill gouf all Regel gebrach  
              D'Realiteit huet eis lo kritt  
              et ass e schlëmmt Ongléck geschitt  
              erwuesse sinn war just nach e Schrëtt  
              mee esou wollte mir dat net

Alfonso: „Alphonse“ hat meng Mamm mech genannt. Wéi kann een e Kand „Alphonse“ nennen. „Fons“ hunn d'Kollegen an der Schoul gesot a mech am Eck stoe gelooss. Si hu sech net fir mech interesséiert. Eréischt de Paulo sot „Alfonso“ zu mir an hien hat eng Aarbecht fir mech, hien huet mir een Doheem ginn. Ech wollt, datt jidderee mech sollt unerkennen, mech esouguer sollt e bësse fäerten, ... wann et huet misse sinn. Mee **dat** do wollt ech net.

All-Ref:    Bis elo war alles e Spill  
              mir ware jonk a mir wollte vill

d'ganzt Liewe louch virun eis nach  
am Spill gouf all Regel gebrach  
D'Realiteit huet eis lo kritt  
et ass e schlëmmt Ongléck geschitt  
erwuesse sinn war just nach e Schrëtt  
mee esou wollte mir dat net

Anna: Fusion. - Wie Elektronen, Protonen und Neutronen treffen auch die Menschen zusammen und verschmelzen. - Wie Sternenstaub werden sie durch das riesige Universum geweht und stoßen durch unglaublichen Zufall aufeinander. - Wir alle haben **das** nicht gewollt.

Marc: Fusion. - All Mensch huet gutt Grënn esou ze handeln, wéi en handelt a kann, wat e mécht, och gutt verstoen, erklären a schéi schwätzen. - Mee **dat** hei wollte mir net.

*Am Hannergrond „Soundschnippesen“ mat villerlee Sproochen.*

Céleste: Fusion. - D'Welt ass a Bewegung geroden ...

Mathieu: ... nei Völkerwanderungen ...

Laurent: ... nei Migratiounen ...

Paulo: ... des tensions, des frictions, des tremblements de terre, ...

Marc: ... Ceuta ... Melilla ... Clichy-sous-Bois ...

Anna: ... eine neue Revolution ...

Alfonso: ... ganz Generatiounen ouni Heem , ouni Doheem ...

Paulo: ... sans foyer, le monde bouge ...

Anna: ... man ist unterwegs, Sternenstaub, ...

Mathieu: ... gedriwwe vun enger Well ...

Laurent: ... vun enger Energie ...

Paulo: ... qu'on ne connaît pas et qu'on ne comprend pas!

Anna: Fusion. - Sie setzt ungeheuerere Energie frei:

Marc: ... et läit un eis, wéi mir se notzen.

All: ganz haart    lewer net esou!    „esou“ hallt no

*Musek aus, grell Luucht, mir sinn nees an der Realitéit ukomm.*

Alfonso: *hysteresch, kuckt ëm sech fir een ze fannen, dien him hëlleft* Merde, de Wichser... Dien ass mir direkt an d'Messer gelaf. Paulo, dien houere Wichser ass mir direkt an d'Messer gelaf. Dat war net meng Schold. Dat hut dir dach all gesinn, oder? Kommt séier, mir musse fort.

*Hien dréit sech verzweiwelt no alle Säiten, mee die Krees, dien dem Paulo seng Band ëm de Camille gezunn hat, verspärt elo dem Alfonso de Wee.*

Alfonso: Dat war net meng Schold, Paulo, tu comprends, ce n'était pas ma faute. Paulo! Komm, ech leeën dem Marc hei d'Messer an d'Hand, da mengt jiddereen, hie wir et gewiescht. *Den Alfonso fänkt un de Grëff vum Messer mat sengem Hiem ze reiwen, fir d'Fangerofdréck ofzewëschen. De Paulo seet näischt. D'Publikum weess net, wat elo geschitt.* Sou, kuck, Paulo, elo si keng Spure méi do. *Hie leet d'Messer nieft de Marc, dien nach ëmmer um Buedem läit.* Elo mengt jiddereen, et wir die Wichser gewiescht. Jo, jidderee mengt dat elo, et ass dach kloer! Oder? Komm Paulo, mir maachen eis ewech. Allez Paulo, on fiche le camp!

Paulo: *Personne ne se barre, tout le monde reste où il est !*

*De Paulo geet op de Camille zou, hëlt him déi 200 € aus der Täsch, reift d'Blutt of a stécht se a seng Täsch.*

*Da geet hie bei den Alfonso.*

Paulo: *Désolé, copain, c'est bête pour toi !*

*Dann hält de Paulo den Handy eraus an telefonéiert dem Inspekter Weis.*

Paulo: Oui, m'sieur l'inspecteur... J'étais par hasard ici dans le garage de m'sieur Freiss, ... et là j'ai vu qu'un certain Alphonse Melchior, oui, ... Melchior, a tué un certain Camille, ... oui exactement, ... avec un couteau. ... Ok, m'sieur l'inspecteur, oui, on reste tous ici. ... C'est rien, m'sieur l'inspecteur, c'est naturel, on est entre copains, quoi !

Alfonso: Paulo, du Sau, du dreckeg Sau !!

*Den Alfonso wëllt sech op de Paulo stierzen, mee e puer vun deem sengen Terrier halen e fest.*

Alfonso: Paulo, tu ne peux pas faire ça, tu ne peux pas le faire, Paulo, on est copain. *Den Alfonso fänkt un ze kräischen...*

Paulo: Ta gueule, tu devras encore parler assez ce soir!

---

## **Szen 13**

Garage  
01.30 Auer  
alleguer

*De Paulo geet bei de Marc an zitt hien an d'Luucht.*

Paulo: Hé connard, t'as déçu Paulo, t'avais promis un cadeau à Paulo, mais tu ne lui en as pas offert. C'est pas bien ! Mais Paulo est ton copain. C'est pour cela que t'as jusqu'à demain soir pour faire un cadeau à Paulo. T'as compris ? A demain soir ! T'as donc beaucoup de fric, t'es bien habillé, tu bosses chez Freiss. A

demain, et cette fois, ne déçois pas Paulo ! T'as compris, Marc – ou comment tu t'appelles ?

Marc: Dir hutt de Camille ëmbruecht! *Hien ass ausser sech wéi en dat matkritt huet. D'Anna kënnt bei hien, fir him d'Blutt aus dem Gesiicht ze wëschen.* Dir hutt de Camille einfach esou ëmbruecht... *De Marc kënnt sech es net zou.*

Paulo: Non, non, ce n'était pas nous, ce n'était pas Paulo, c'était Alfonso, là, avec son couteau. Weis va venir bientôt et puis il va emmener Alfonso. T'as aussi vu, que c'était lui, t'es témoin. Hé copain, dis-moi comment tu t'appelles !

Marc: *an Ongedanken* Marc Schmitt ... Guiterrez! ... De Camille ass dout!

*De Paulo fiert zesummen.*

Manuel, aus Uruguay  
Du bass e Pirat vun eiser Zäit

Manuel, aus Uruguay  
Du bass eisen Held, well du bass fräi

Paulo: Hé connard, qu'est-ce que t'as dit? « Guiterrez », t'as vraiment dit « Guiterrez », connard ?

Marc: *Nach ëmmer an Ongedanken* Jo, esou huet mäi Papp geheescht. Manuel Guiterrez.

Paulo: Manuel Guiterrez, mon dieu!!!

Manuel, aus Uruguay  
Du bass eise Star, wéi jidderee gesäit

Manuel, aus Uruguay  
Du bass eist Virbild, du gesäis méi wäit

*De Freiss kënnt mat senger Fra eran, hien am Nuetsläpp, si an engem zimlech „kierperbetounten“ Négligé.*

Freiss: A wat ass dann hei lass. Wat maacht dir hei a menger Garage, matsen an der Nuecht? Geet et da net duer, datt dir schonns die ganzen Dag op der Tankstell erëmlungert? Musst dir elo och nach an der Nuecht hei är verbuede Spillercher dreuwen? *De Freiss gesäit de Camille um Budem leien, hie geet bei die Kierper, die sech net méi beweegt* Wat hutt dir gemaach? Wat hutt dir mam Camille gemaach?

*Elo gesäit dem Freiss seng Fra dem Camille seng Läich. Si geréit ausser sech.*

Loretta: Che cosa avete fatto? L'avete assassinato! ... Ma l'ho saputo ancora sempre que finirebbe così. Ho sempre detto a mio marito che succederebbe così. Ma non ha mai sentito a me! Ma lui ha sempre detto di lasciare i giovanotti in pace, sono buoni clienti e apportano buoni soldi! E adesso, abbiamo la miseria. Ma io non avevo mai fiduccia in lei. Che cosa facciano qui nella nostra officina? Senza lavoro ma sempre benvenuti! Di chi vengono questi soldi? Hai solo la tua officina nella testa... e le tue macchine. Io ero solo buona per fare la cassa, pulire la tua casa e cuccinare il tuo mangiare. Vedi adesso a che cosa mena. Hanno ucciso Camillo e non abbiamo rimarcato nulla. Che mondo! Che miseria! Che peccato!

*Zum Schluss Kräisch d'Loretta just nach. Op eemol kënnt de Paulo op d'Loretta zou. Dem Paulo schingt d'Situatioun elo lues a lues iwwer de Kapp ze wuessen, hie gëtt nervös.*

Paulo: Mais ta gueule, tu vas la fermer, oui! *Zum Freiss* Freiss, dis à ta vieille qu'elle se taise!

*Mee all bleiwen se wéi ugewuerzelt stoen.*

Paulo: Tais-toi, espèce de vieille connasse, t'es folle ou quoi ?! Y a personne qui peut écouter ça ! *Hien hält sech fir d'éischt*

*d'Oueren zou, da geet hien op d'Loretta zou a fänkt un, hatt ze rëselen    Tais-toi, tais-toi, j'ai dit ta gueule, sinon ...*

*De Marc ass bei de Paulo gerannt komm a wëllt hie vum Loretta ewechzéien.*

*Paulo: Qu'est-ce que tu fous encore ici, connard? T'as pas déjà fait assez de misère ici, ça te suffit pas ?*

*De Paulo jummt de Marc op de Buedem.*

*Paulo: Maintenant j'en ai assez! Fais gaffe, connard !*

## **Szen 14**

*De Paulo geet lues op de Marc duer. An diem Moment héiert een eng haart Stëmm.*

*Manuel: Paulo, arrête!*

*E Moment total Rou, et ass wéi wann d'Welt stoe bliwwe wir. Kee beweegt sech, keen otemt!*

*Manuel, aus Uruguay  
Du bass e Pirat vun eiser Zäit*

*Manuel, aus Uruguay  
Du bass eisen Held, wëll du bass fräi*

*Manuel, aus Uruguay  
Du bass eise Star, wéi jidderee gesäit*

*Manuel, aus Uruguay  
Du bass eist Virbild, du gesäis méi wäit*

*Dann dréit just de Paulo sech ëm. Uewen op der Trap steet de Manuel Guiterrez, dem Marc säi Papp. E bëssen hannendrun, dem Marc seng Mamm. Si sinn zesummen aus hirer Wunneng komm.*

Manuel: Laisse mon fils!

*De Manuel kënnt lues a lues d'Trapen erof.*

*E Geflüsters geet duerch de Raum:*

All: Manuel Guiterrez...

Paulo: *onsécher* C'est toi, Manuel?

Manuel: Stell keng domm Froen, Paulo! Du wiers die leschten, die mech net ging erkennen.

*De Paulo schingt sech ze fänken, versicht sech ze entspanen. An diem Moment kënnt uewen de Weis mat senge Polizisten eran. Dem Marc seng Mamm hält si uewen op der Trap un, esou datt de Paulo si net bemierkt.*

Paulo: Hé Manuel, vieux copain, sûr que Paulo te reconnaît!

Manuel: Deemools hues du mech och gutt kannt.

Paulo: Hé Manuel, ça fait longtemps. Paulo avait déjà oublié cela depuis pas mal de temps.

Manuel: De Paulo vläicht, mee de Manuel net. Ech hunn näischt vergiess, guer näischt!

Paulo: Ca fait longtemps, l'eau a coulé sous les ponts depuis, Manuel. Ce qui s'est passé il y a sept ans n'est plus important pour de vrais mecs !

Manuel: Mir ass et net egal, Paulo, well ech hat ganz vill Zäit fir doriwwer nozedenken.

Paulo: Tu vois, Manuel, tu vois !



Manuel: Ech soutz siwe Joer am Prisong, wells du mech deemools ugeschass has.

Paulo: C'est pas vrai, Manuel, j'ai toujours été ton pote, je n'avais jamais fait cela.

Manuel: Weess du Paulo, am Prisong kennt jiddereen jiddereen, an de Rui an de Philippe waren deemools och derbäi, wéis du mech beim Weis verroden hues, a si hu mer et gesot, du waars et, soss keen, Paulo, du, soss keen. - A wann ech eppes genee weess, dann dat !

Paulo: Manuel, mais laisse-moi t'expl....

Manuel: Nee, Paulo, ech loosse dech net! - Mee eigentlech misst ech frou sinn. Du hues mech vun eppes befreit, vun enger Laascht befreit! Ouni dech, wir mir dat net gelongen.

Paulo: Tu veux dire quoi?

Manuel: Ech war en Dealer. A wann s du mech a meng Stopp hei am Freiss senger aler Garage net verroden häss, wir ech nimools dovunner lasskomm. Mee du hues e Fehler gemaach, Paulo, an dofir soll et dir elo net besser goen, wéi mir deemools.

Paulo: Une faute? Qu'est-ce que j'ai fait comme faute ?

*De Paulo an de Manuel sti sech an der Mëtt vun der Bühn géigeniwwer.*

Manuel: Du hues net opgehal.

Paulo: Avec quoi?

Manuel: Du hues net mam Dealen opgehal. Du hues mäi Lager, meng Wuer, meng Liwweranten a meng Klienten iwwerholl. An du hues weider Suen hei am Freiss senger Garage verdingt.

Freiss: Esou eppes leeft dach net! An dat alles hanner mengem Réck!

Manuel: An deemools hues du gelauert. Du hues gelauert, bis alles sech arrangéiert hat. Du bass fir mech gelaf, du hues dech bei mir ageschläimt, an ech hunn dir vertraut, Paulo, ech hunn dir vertraut, wéi wann s du mäin eegene Jong gewiescht wiers.

Freiss: An dat alles a menger Garage!

Manuel: Du hues gesinn, datt den Traffic hei floréiert huet. Op enger Tankstell ass vill va-et-vient, do kommen déi ënnerschiddlechst Leit, an do fällt et net op, wann do och aner Saache wéi Bensin an Zeitungen an Drëppe verkaaft ginn. Zemools wann de Patron selwer schafft a keng Zäit huet, fir ze kucken, wien sech nach alles op esou enger Tankstell erëmdreift.

Freiss: Elo geet et awer duer!

Manuel: A wéis du laang genuch gewaart has, hues du dengem Kolleg, dengem „Stéifpapp“, dem Manuel Guterrez eng Fal gestallt. Du hues e bësse Wuer heigelooss an de Rescht matgeholl. Dunn hues du de Weis geruff, an die mat sengen Hënn, déi hunn d'Wuer fonnt. Einfach, iewer perfekt!

Paulo: Manuel, ça fait longtemps.

Manuel: A wéi ech du komm sinn, hat ech keng Chance méi. D'Beweiser waren do, de Weis huet net laang nogefrot, well wann een e Lager vun engem Dealer héichgoe léisst, ass een den Held. Hien ass d'Trap erop gefall. Och de Riichter huet léiwer net vill nogefrot, op eemol hätt een him nach ënnerstallt, op der Säit vun der „Drogemafia“ ze sinn.

Paulo: Manuel, je peux tout arranger, j'ai gagné beaucoup de fric, je peux payer.

Manuel: Paulo, déi Zäiten, wou ee mech kafe konnt, sinn eriwwer! Ech hat siwe Joer laang Zäit, doriwwer nozedenken. Elo ass et un dir.

Paulo: Qu'est-ce que tu veux dire par maintenant c'est à moi ?

Manuel: Elo hues du siwe Joer laang Zäit nozedenken. Du hues d'Police dach selwer heihinner bestallt, virdrun um Telefon. A wéi ech de Weis kennen, ass die schonns do.

*Den Inspekter taucht mat senge Polizisten op.*

Weis: Bonsoir, Paulo.

*De Paulo gött hysteresch a fuchtelt mat den Hänn an der Luucht.*

Paulo: Vous ne pouvez m'accuser de rien! Vous n'avez aucune preuve!

Manuel: Wiem d'Riichter de Muerd um Camille unhänken, ass mir egal; mee wou deng Wuer läit, dat kann ech dem Inspekter Weis ganz genee weisen, Paulo.

*An diem Moment gött de Camille erausgedroen.*

Marc : Camille, dat war et net wäert ! Du wolls e schéint Liewe féieren, du wolls vill Suen, e schéinen Auto. Mee de Präis war ze héich.

Laurent: Et war dach alles nëmmen e Spill. Mir wollten dach just e Film dréien. Camille, du waars dach eise Regisseur.

Mathieu: Héi, so diene Leit hei, datt dat en Iertum ass. Esou war alles net gemengt.

Manuel: Ech hunn och laang gemengt, datt Liewe nëmmen e Spill wir. Mee wann ee méi al gött, da weess een op eemol, wat Film ass a wat Wierklechkeet. Da weess een, zwësche Fiktioun a Realitéit ze ënnerscheiden.

Paulo: M'sieur l'inspecteur, je ne connais pas cet homme. *Weist op de Manuel* Il m'accuse, mais il n'a pas de preuve, vous avez entendu, il n'a pas de preuve, m'sieur...

Weis: Ech hu genuch héieren. Du bass virleefeg festgehall, Paulo. An du och, Alphonse. Dir sidd alleguer ze wäit gaangen.

*De Paulo versicht sech ze wieren, mee gëtt an Handschellen ofgefouert. Den Alfonso léisst alles mat sech gewäerden. Wéi de Paulo laanscht de Manuel gefouert gëtt, hält dien d'ganz Prässessioun un a gräift dem Paulo an d'Täsch. Hien zitt him déi 200 € eraus.*

Manuel: Voilà, Signora Loretta, hei sinn Är 200 €.

*D'Loretta leet d'Äerm ëm de Manuel a gëtt him en décke Kuss.*

Loretta: Molto grazie, Bello. Cosa fai sta sera?!

Manuel: Den Owend? Den Owend gëtt gefeiert, gedantz, mat menger Fra a mat mengem Jong, a mat jidderengem, die wëllt mat eis danzen. Esou ass d'Liewen: déi eng ginn erausgedroen, déi aner erausgefouert, a mir danzen, hutt dir all héieren, mir danze bis mir net méi un de Misère denken. Ech danze fir déi lescht 7 Joer ze vergiessen.

## **Szen 15**

*An diem Moment trëfft e Kamerateam vu „Prosat 4“ an. De Weis geheet sech elo extra an d'Broscht a gëtt Befehler. De Kameramann filmt alles. De Weis perséinlech mécht, wéi wann hien den Alfonso eréischt just verhaft hätt.*

Weis: Allez, Männer! Huelt die geféierleche Mäerder Alphonse Melchior fest, ir en nach anere Misère urüchte kann. Mee passt op, datt en net entwëscht! – Dohannen, haalt de Noutausgang am A! – A bréngt mir och de Rescht vun der Band op d'Revéier. Et handelt sech hei ëm e wichtegen Aarm vun der Drogemafia; mee

zum Gléck ass et mir gelongen, dien elo ee fir alle Mol ofzeschloen!

*All gi se ofgefouert. D'Speakerin hält den Inspekter Weis un, fir en Interview.*

Speakerin: Inspekter Weis, hei op der Plaz huet sech haut den Owend en Drama ofgespillt. Kënnt Dir eis Är éischt Andréck „schilderen“?

Weis: Et handelt sech em d'Opdecke vun engem internationalen Drogeréng. Mir - a menger Equipe - ass et gelongen, d'Hannermänner hei an eng Fal ze lackelen a se och festzehuelen, wéi dir elo all konnt materliewen. *Dobäi kuckt hien an d'Kamera a laacht zefridd.*

Speakerin: Mir hunn héieren, et ginge dobäi och Affer ze bekloeginn?

Weis: Wou gehuwwelt gött, do fale Spéin. Et ass eis iwer gelongen, d'Zuel vun den Doudegen op een eenzegen ze begrenzen.

Speakerin: Villmools merci, fir dës éischt Aschätzung, Inspekter Weis.

*De Manuel an dem Marc seng Mamm leie sech an den Äerm.*

Mamm: Siwe Joer laang hues du mech am Onkloere gelooss, endlech bass du nees do.

*D'Speakerin geet - ouni de Kameramann - bei de Laurent an de Mathieu.*

Speakerin: Hi, ech sinn d'Vanessa vu „Prosat 4“.

Laurent: Héi salut Vanessa, schéin dech ze gesinn. Voll cool

*D'Speakerin schwätzt esou, datt de Kameramann näischt matkritt.*

Speakerin: Elo just huet ee mir gesot, dir hätt hei alles gefilmt.

Laurent: Héi jo, mir hunn hei alles an der Këscht. D'200€-Klauen, d'Messerpickereien an esouguer de Muerd. Donieft nach dat ganzt Geständnis vum Paulo an d'„Wiedersehen von Marc mit seinem verlorengesgloubten Vater“!

Speakerin: Voll cool!

*Net wäit donieft poséiert d'Loretta fir de Kameramann an zimlech eendeitege Posen.*

Kameramann: Jo, gutt, Loretta, weider, du bass fantastesch.

*D'Speakerin probéiert, un d'Amateurbiller vun dienen zwee ze kommen.*

Speakerin: Ech wir interesséiert un enger Zesummenaarbecht mat iech „Spezialisten“. Wat mengt dir!

Laurent: Héi Vanessa, super, kee Problem.

*De Kameramann hält d'Loretta an den Aarm.*

Loretta: Molto grazie, Bello. Cosa fai sta sera?!

Kameramann: Den Owend, eigentlech näischt. Wou gesi mir eis – bei dir oder bei mir?

*De Kameramann an d'Loretta fänken un ze knuutschen, et ass alles, datt se net schonns op der Plaz iwwereneen hierfalen.*

Speakerin: Flott, ech denken do un d'Exklusivrechter op äre Bänner.

Laurent: Kee Problem, Vanessa, wat bezills de dann?

Speakerin: Ech misst natierlech nach mat mengem Sender „Prosat 4“ Récksprouch huelen, mee ech denken esou un 3000 €.

Laurent: Héi Vanessa, dat ass gebongt.

Mathieu: Héi Wichser, so dier Tussi, dat geet net duer.

*D'Musek fir d'Schlusslidd geet un. An déi éischt Takt gëtt weider geschwat.*

Laurent: Mir hunn och nach e Film gedréint, do kënnte mir dir d'Exklusivrechter verkafen...

*D'Speakerin ass net begeeschtert.*

Speakerin: E Film, nee wéi léif...

Laurent: Jo, en heescht „Das Eisenstangenmonster“.

*Hatt ass guer net interesséiert.*

Speakerin: Nee, wéi flott. - Also eise Sender ass do duerchaus **net** drun interesséiert, dem Georg, eise Chefredakter, muss alles ëmmer ganz aktuell sinn, mee ech kënnt emol mat mengem Kolleg, dem Andy, schwätzen, hien ass Regisseur, ...

*D'Anna an de Marc stinn eppes méi wäit ewech.*

Anna: Schau, Marc, die Sterne stehen heute abend an der gleichen Stelle wie gestern und vorgestern ...

Marc: Ass dat net normal?

Anna: Doch, aber ab und zu habe ich das Gefühl, wenn etwas sehr Wichtiges oder Trauriges passiert, dass die Welt, die Sterne und alles ... nicht einfach so weitermachen können, als wäre nichts geschehen, dass sie Luft holen, einen Augenblick verweilen müssten.

Marc: Ach Anna, du hast doch selbst gesagt, wir sind nur Sternenstaub. Und wegen ein paar Staubkörnern werden die Sterne doch nicht ihre ewigen Bahnen verlassen.

Anna: Nein, Marc, das werden sie nicht!

*D'Mamm an de Manuel hu sech am Aarm.*

Mamm: Op der Tankstell kommen d'Leit aus allen Natiounen zesummen.

Manuel: Natiounen, wat ee Wuert. Esou al wéi d'Mënschheet a verbonne mat allem Misère, dien se kennt. Wéivill Leit hu scho missen hiert Liewe wéinst dem Wuert Natioun loosse?!

Mamm: Du hues Recht, Manuel. Mir kommen all ëmmer méi no zesummen, „Fusion“, Manuel, esou wéis du et schonns fréier gesot hues.

Manuel: Alles verschmëlzt, alles wisst zesummen, mee mir müssen elo léieren, d'Eegenheete vu jidderengem ze respektéieren.

Marc: Aus ville Länner kommen d'Leit heihinner, a jidderee bréngt eppes anescht mat.

Anna: Etwas sehr Wertvolles, weil es etwas Individuelles ist, es gehört nur dem einzelnen Menschen und nicht einer Nation.

Mamm: Et ass wéi beim Kachen: et komme vill Zutaten an d'Dëppen, mee de Plat ass eréischt réusséiert, wann een déi eenzel Gewürzer nach schmaache kann.

Anna: Menschen werden in verschiedene Formen gegossen, aber der Inhalt ist bei allen der gleiche.

Marc: You take a little bit of this an a little bit of that.

*All danzen se elo mateneen, et hu sech verschidde Gruppe gebilt:*

*Manuel-Mamm*

*Marc-Anna*

*Loretta-Reporter*

*Freiss-Weis*

*Mathieu-Laurent-Vanessa*



Fusion – Mir kommen zesummen  
Fusion – Mir schaffen zesummen  
Fusion – Mir liewen zesummen  
Fusion – Mir dreemen zesummen

Säit éiwegen Zäiten, dat ass dach kloer  
Leien d'Natiounen sech an den Hoer  
Jidderee wëllt fir sech selwer just dat besch

Iwwerall Misère, Trauer a Leed  
Mee domadder gëtt lo Schluss gemeet  
Well Terror a Krich ass dach wierklech dat lescht

Schenk mir däin Häerz, schenk mir Vertrauen  
Fir datt ech ëmmer kann op dech bauen  
Um Enn dréit sech dach alles just em d'Toleranz

Schenk mir deng Léift a schenk mir dech ganz  
Schenk mir däi Laachen an dësen Danz  
Um Enn dréit sech dach alles just em d'Toleranz

Fusion-Spot: Bréngt heihinner all Gutts dat dir hutt  
Fusion-Pot: An hei am Kessel vermësche mir et gutt  
- Réiere Vertrauen an Zouverléissegkeet dran  
- Rëselen Humour an Duerchdriwwenheet drop  
- Streeën dann nach Léift a Respekt eran  
- An dréien dien Deeg dann zerguttstert op d'Kopp

With a little bit of this and a little bit of that  
An um Enn gi mir souguer villäicht gerett  
A little bit of this and a little bit of that  
Fusion ass cool fanne mir voll fett

Marc:  
Ech bidde Frëndlechkeet, Léift a Respekt  
Si couragéiert an trei bis datt dir freckt

Mamm:  
Vill hunn ech zwar net, just Waarmhärzegkeet  
an donieft och eng zolitt Portioun Verbassenheet

Weis:

Meng Zutate si Logik an d'gutt Kombinéieren  
Intelligenz an d'Medie verféieren

Anna:

Von mir gibt es Liebe, Wissen und Fleiss  
Und vor allem Ehrlichkeit um jeden Preis

Vanessa:

Carrière, Virwëtz a Modernitéit  
gemëscht mat enger gudder Portioun Flexibilitéit

Manuel:

Kreativitéit, Courage a Fräiheet  
si meng Gewürzer, a Musek ass meng Freed

Freiss:

Meng Loussheet ass mäi Pfeffer a Salz  
de Geschäftssënn mäi Botter a Schmalz

Loretta:

Eleganz, Erotik, Plëséier  
kënnt vu mir an de Kessel an dat elo ganz séier

Mathieu a Laurent:

Nei, geckeg Iddien an Diplomatie  
Coolness, Respekt an Identitéit

With a little bit of this and a little bit of that  
An um Enn gi mir souguer villäicht gerett  
A little bit of this and a little bit of that  
Fusion ass cool fanne mir voll fett

Fusion – Mir kommen zesummen  
Fusion – Mir schaffen zesummen  
Fusion – Mir liewen zesummen  
Fusion – Mir dreemen zesummen